

Organisation muss funktionieren, für dass mer do nach weider Schritt virukommen.

Dir Dammen an Dir Hären, für ofzeschlüsse just nach eng Kéier als Rappel: Et war für d'leschte Kéier, dass de PNR op déi heiten Aart a Weis esou presentéiert ginn ass. En ass elo 15 Joer esou presentéiert ginn. Ech gesinn, dass et hei verschiddene Leit ganz leed deet, mee ech si mer sécher, dass eeben och mat där neier Gouvernance économique den Dialogue social national op där enger Säit an op där anerer Säit awer och déi Influencé mat deene Recommandatiounen och nach weiderhin hir Plaz esouwuel am Dialogue social wéi an der Kommissioun wéi awer och am Debat hei an der Chamber wäerte fannen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Ech ginn dem Här Minister für Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus Akt vu senger Deklaratioun. Merci villmools, Här Delles.

### 3. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...]

### 8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2023-2027

### Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR) (suite)

D'Chamber fänkt elo u mat den Debatte souwuel iwwert de Staatsbudget für d'Joer 2024 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle wéi och iwwert de PSC an de PNR. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 5 festgeluecht. Dat heescht, der CSV stinn 155 Minutten zou, der DP 120, der LSAP 105, der ADR 75, deene Grénge 50, de Piraten 37,5, deene Lénke 25 an d'Regierung huet herno nach 50 Minutten zegutt. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här Gilles Baum, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement, den Här Franz Fayot an den Här Fernand Kartheiser. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, 155 Minutten, ...

**Une voix** | Dat gëtt knapp.

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... dat gëtt dann 13.00 Auer ...

(Hilarité)

... sou ongeféier iwwert den Daum gepeilt, mee ech probéieren, dass mer da kuerz virun 12.00 awer wäerten ...

(Hilarité et brouhaha)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Loosst Iech net stéieren.

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... zum Schluss kommen.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Här Spautz, Dir kennt mäin Honger net.

(Hilarité)

**M. Marc Spautz** (CSV) | Dir wäert mer jo elo net an de Réck bäissen, well de Wollef ass zwar zu Bruechtebaach, awer net an der Chamber.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Also no 12.00 Auer kënnt Der vläicht eleng hei schwätzen.

**Une voix** | Schon eng hallef Minutt verluer.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen, für d'alleréischt wëll ech der Rapportrice, dem Diane Adehm, Merci soen, dat eis gëschter op eng impressionnant Aart a Weis hei de Rapport vum Budget für 2024 virgeluecht huet. Et ass ëmmer Coutume, dass de Budgetsrapporter a sengem Rapport ka seng Prioritéiten eraushuelen. Dat war an der Vergaangenheet esou, dat war och elo esou an dofir wëll ech der Madamm Adehm nach eng Kéier am Numm vun eiser Fraktioun härezech felicitéieren für dee Punkt, dee se gëschter gemaach huet, an dass si och nach eng Kéier drun erënnert huet, wou all déi Suen oder ee groussen Deel vun deene Suen hierkommen, déi mer ëmmer am Budget och verschaffen.

Ech wëll och dem Budgetsminister a Finanzminister Merci soe für d'Presentatioun an och seng Presenz an deene jeeweilege Sitzungen. E war net ëmmer derbäi, wat awer normal ass. Wa mer iwwert d'Avisé vun de Berufschambere respektiv vun den Institutione schwätzen, ass dat och normal an üblech. Och dofir him ee grouse Merci.

Ech hunn et nach eng Kéier Revue passéiere gelooss. De leschte Rapporteur vun der CSV für e Budget huet Gilles Roth geheescht. Ech weess net, ob den Här Roth sech däers selwer nach bewusst ass, mee dat war für de Budget vum Joer 2012. An de Budgetsrapporter war den Här Roth an et ass ënner anerem och ëm Steieren, ëm Budgetsnorm gaangen. Dat waren déi Haaptpunkte vu sengem Rapport deemools. An duerno – jiddweree weess Bescheid – souze mer an der Opposition an dofir ass et och vläicht e gutt Zeechen, dass dann och des Kéier, nodeem mer d'Chance hunn, erëm an der Regierung derbäizesinn, et den Här Roth war, deen dese Budget am Numm vun der Regierung virgeluecht huet an och him nach eng Kéier villmools merci für déi Aarbecht.

Merci awer och dem Här Roth an dem Här Delles für d'Presentatioun de Moie vum dem PSC an dem PNR, dem Pluriannuellen, wat alles op eis zoukënnt. Mir hate schon an der Finanz- respektiv an der Wirtschaftskommissioun dodriwwer rieds. Dat ass och ganz wichtig, dass een dat ni aus den Ae verléiert. Budgetpolitik gëtt jo net nëmmen an der Chamber gemaach. Budgetpolitik gëtt jo och op aner Plaze gemaach. Budgetpolitik gëtt an de Gemenge gemaach. D'Budgetpolitik gëtt kommentéiert, säit dem Depot vum Budget, och an der Lëtzebuurger Press. Et ginn Table-ronden organiséiert mat Majoritéit an ouni Opposition oder nëmme mat der Opposition an ouni Majoritéit.

Dofir hat ech och leschte Samschdeg voller Spannung eng Stonn an der Mëttesstonn verbruecht, für och mol do ze lauschteren, wéi d'Opposition de Budget gesäit an ech wäert mer och erlaben, am Laf vu mengen Ausföhrungen op déi eng oder déi aner Punkten anzegoen. Ech hoffen, dass d'Kollegen net rose sinn, dass ech da vläicht eppes ewechhuelen, wat se duerno wollte soen, mee si hunn et jo schon um Radio gesot, doduerch war et jo dann och scho public. An dofir erlaben ech mer dann, do och déi eng oder déi aner Saach awer och elo schon a menger Ried ze kommentéieren.

**M. Marc Baum** (déi Lénke) | Für ze kieren.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Majo, Här Baum, ech gleeuwen Iech dat op d'Wuert.

Op déi grouss Zuele vum Budget ass d'Madamm Adehm nach eng Kéier gëschter an hirem Rapport

agaangen an et ass och de Finanzminister gewiescht, deen drop higewisen hat beim Depot an och nach eng Kéier haut de Moien, wéi d'Zuelen ausgesinn. Mir wëssen zanter e Méinden, dass se bëssen aneschtens si wéi déi, déi mer am Budgetsdokument stoen hatten, mee am Budgetsdokument ass iwwert dat gekuckt ginn, wat deemools de Statec gesot huet an dat, wat mer e Méinden an der Budgetskontrollkommissioun an an der Finanzkommissioun virgeluecht kritt hunn, dat waren d'Zuelen, déi nom éischte Quartal vun dësem Joer um Dësch lounge an déi dann och e bëssen aneschtens bei der Realitéit si wéi dat, wat virdrun am Budget gemaach ginn ass.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënnere, dass et och wichtig ass, dass ee Schwong an déi ganz Diskussioun bréngt an dat huet de Finanzminister gesot. Mir brauchen deen néidege Schwong, erëm eng an d'Finanzpolitik eranzekriegen, für dass mer och domadder an eiser Wirtschaft en Opschwung kriegen an dass mer och domadder erëm vläicht besser Zuele kënnen schreiwe wéi déi, déi de Moment do sinn.

Wa mer vu besseren Zuele schwätzen, dann ass dat net, dass déi hei esou extreem schlecht wieren, well wann een dat vergläicht mat verschiddenen Nopeschlänner oder mat anere Länner an der Europäescher Unioun, sinn d'Zuele vu Lëtzebuerg nach ëmmer gutt, mee si kéinten och, wéi een dat heiansdo an der Schoul ausgedréckt kritt huet, awer besser sinn. An dofir wäerte mer och, an dovu sinn ech iwwerzeegt, déi néideg Politik vun der Regierung a vun dëser Majoritéit an deenen nächste Jore gesinn, für dat och kënnen ze maachen.

Ech wëll och soen, et si jo Leit, déi mengen, den C stéing just für de Prinzip Hoffnung. Den Auteur dovun ass net hei haut de Moien. De C steet net für de Prinzip Hoffnung bei der CSV, mee den C steet bei der CSV für „chrëschtlech“, sou wéi den S für „sozial“ steet an de V für „Volk“. Ech wollt just op dat agoen, well och dat eppes war, wat an där ...

(Interruption par M. Marc Baum)

Jo, mee Här Baum, och dat ass ..., och dat ass ...

**M. François Bausch** (déi gréng) | Dir schéngt eng ideologesch Partei ze sinn.

**M. Marc Spautz** (CSV) | O, Här Bausch, ech wollt och nach eng Kéier kucken ... Kuckt mol eng Kéier Är Ried vun 2011 no, well Dir waart deemools de Spriecher vun deene Grénge.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Déi war bestëmmt ganz gutt.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Dat kann ech net beurteilen, mee kuckt se eng Kéier selwer.

(Interruption par M. François Bausch)

Nee, ech hunn alles nogekuckt vun 2011, Här Bausch. Dir wësst, ech ginn ëmmer an déi Saache kucken, well et heiansdo wichtig ass, dass ee verschidde Kollege kann u Saachen erënnere, déi se zu verschiddene Punkte gesot hunn.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Ech stinn ëmmer zu mengem Wuert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Et ass elo wichtig, dass mer kucken, dass mer mëttelfristeg – an dat huet de Finanzminister ënnerstrach – d'Schéier zwëschen den Ausgaben an den Einnahmen erëm e bësse méi no zesummebréngen. An dat ass e wichtige Punkt an dat hutt Der och héieren an den Aussoe vun de Pluriannuellen, wat de Finanzminister gesot huet, wat des Regierung wëlle huet, für dass mer den Objectif à moyen terme och erreechen, für dass mer et do

fäerdegbréngen, déi Schéier, ech wëll net grad soen „zouzekréien“, mee dass se op alle Fall vill méi no beienekënnt, wéi dat déi lescht Zäiten de Fall war.

Ech wëll och soen, dass et dofir wichteg ass, dass een ëmmer rëm och un dat denkt, wat d'europäesch Krittäre sinn, wat an Europa gesot gëtt, och wann dat net méi ass, wéi dat soss all déi Jore war, well 2011 hu mer laang dodriwwer diskutéiert, wat dat mat europäesche Krittären op sech huet. Dat ass dëst Joer e bësselchen anescht, mee et ass awer och wichteg, wann ee weess, dass een déi Schéier muss méi nobréngen, wat fir eng Problemer mer hei am Land hunn.

Mir haten déi Problemer, déi ënnerstrach gi sinn, vun der Covidkris. Mir hunn de Problem mat der Energie, dee mer op den Ukrain-Krich hin erlieft hunn. Mir hunn de Punkt, wat am Noen Oste lass ass. Mir hunn de Punkt vun der Migratioun a mir hunn och de Punkt vun de soziale Problemer, déi mer hei am Land hunn. An dofir ass et och wichteg, wa mer iwwert d'Budgetskrittäre schwätzen – a mir wësse jo allegueren, do gëtt et en Zentralstaat, et gëtt d'Gemengen an et gëtt och do d'Sécurité sociale –, dass een och do kuckt, wéi et mat der Evolutioun vun deene jeeweilege Punkten ass. A mir wëssen, mir hunn net méi spéit wéi haut de Moien en interessanten Interview vum President vum Syvicol an der Zeitung gelies iwwer d'Schwierigkeete vun de Gemengen ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... dat stoung jo an hirem Avis, wou et schwierig ass, a verschiddene Gemengen och d'Schéier zwëschen den Ausgaben an den Einnahme méi no ze bréngen, wou och do verschidden Aufgaben, déi fréier de Staat iwwerholl huet, elo zum Deel vun de Gemenge musse wouergeholl ginn an dass et do och wichteg ass, dass een dat net aus dem A verléiert, well och d'Gemengen droe mat derzou bái, dass gesamt gesinn eis Finanzsituatioun an eis Finanzzuele gutt sinn, mee wann et do ufänkt op eemol biergof ze goen, wann hei an der Stad Lëtzebuerg op eemol d'Finanzen anerer wieren, wéi dat lo de Fal ass, dann hätt dat och Auswierkungen op eis Zuelen, déi am Staatsbudget stinn an och op dat, wat mer op Bréissel ëmmer bekannt ginn, well nämlech, jiddweree weess et, den Här Mosar méi Suen – net den Här Mosar, mee d'Stad Lëtzebuerg – um Koup leien huet wéi vill aner Gemengen zesummen.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Wat fir eng huet dann déi meeschte Scholden?

**M. Marc Spautz** (CSV) | O, Här Bausch. Ech kann Iech dat ... Ech weess et net, Här Bausch. Ech weess et net, Här Bausch.

(Hilarité)

Dann ass et och wichteg, an dat ass haut de Moien och nach eng Kéier gesot ginn, souwuel vum Här Roth wéi och vum Här Delles, dass mer musse kucken, dass mer eis Wirtschaft a Schwong halen an dass mer et hikréien – an dat musse mer och maachen, an dat huet och gëschter d'Madamm Adehm an hirem Rapport gesot –, dass mer d'Wirtschaft och diversifiéieren. Mir hunn e Finanzsektor, dee fantastesch leeft, mir mussen et och fäerdegbréngen, aner Secteuren ze implantéieren an och nach méi ausbauen, fir dass mer och do Méiglechkeeten hunn, Emploi ze schafen, fir dass mer och do Méiglechkeeten hunn, dass hei zu Lëtzebuerg nach eppes Industrielles hiergestallt gëtt. Do wäert ech nach e bësse méi spéit drop agoen, dass dat och wichteg ass fir eis Economie. An dat ass och wichteg, fir dass Lëtzebuerg kann op seng Obligatiounen agoen, déi an engem europäesche Kader geholl goufen.

Do wëll ech virun allem dann och op d'Ausgaben – wat schonn ënnerstrach ginn ass – vun der NATO hkommen a vun der Defense, wou bekannt ass, dass do reklaméiert gëtt vun deenen anere Partner, dass jiddweree misst déi 2 % erreche vu sengen Ausgaben, dass mer déi missten an d'Defense investéieren. Do ass et wichteg, an d'Madamm Adehm huet dat och gëschter nach eng Kéier gesot, dass mer fir déi Ausgaben, déi dofir gemaach ginn, awer och e gewëssene „return on invest“ kréien. Mir wëssen, dass, wa grouss Nopeschlänner vun eis grouss an d'Waffenindustrie investéieren, déi do e Return hunn. Mir hu keng esou eng Industrie an ech mengen och net, dass dat muss hei op Lëtzebuerg kommen. Mee mir sinn awer Zouliwwer a verschiddene Beräicher, fir dat kënnen hierstellen, soudass mer deen Apport, dee mer do bréngen, fir dass déi 2 % erreicht ginn, awer och deelweis kënnen zrëckkréien.

Et ass och wichteg an deem Volet, dass ee kuckt, fir Aarbechtsplazen ze schafen. Et ass dat vun der Dro- nenindustrie ënnerstrach ginn, et kann ee sech och nach aner Saache virstellen, wou mer och d'Méiglechkeet hätten, eisen internationalen Obligatiounen kënnen nozekommen an awer gläichzäiteg och d'Méiglechkeet hätten, een Deel dovun och op Lëtzebuerg Betriber kënnen ze verdeelen.

Wann ee kuckt, wat déi eenzel Institutiounen gesot hunn, wëll ech hinnen alleguerter felicitéieren fir hir Rapporten, souwuel d'Berufschambere wéi awer och all déi Institutiounen, déi mer an der Chamber em- faangen hunn, fir mat hinnen iwwert déi Zuelen an hir Vue vum Staatsbudget ze schwätzen. Dat war och ganz interessant, souwuel fir eis an deenen Diskus- siounen wéi och an deem Austausch, dee mer mat hin- nen haten, wou mer hinnen och eis Iwwerleeungen an eis Iddie mat op de Wee ginn hunn.

Et muss ee soen, et si virun allem d'Cour des comptes an de Conseil national des finances publiques, déi nach eng Kéier op verschidde Punkten higewisen hunn, wou ee muss oppassen, wat am Pluriannuel geschitt a wéi et weidergeet mat den Ausgabe vum Zentralstaat. De Finanzminister ass schonn drop agaangen, genau sou gutt wéi och d'Rapportrice, dass dat wichteg ass a wat dat bedeit an der Entwécklung an deenen nächste véier Joren.

A wéi mer mat der Kommissioun vun der Fonction publique zesumme waren, ass do d'Entwécklung beschwat ginn, wat d'Aarbechtsplazen am Secteur public ubelaangt, an och iwwert d'Pensiounen am Secteur public ass diskutéiert ginn. Well mer wësse jo, an do kucken och nach eng Kéier op de President vum Syvicol, dass mer bei enger anerer effentlecher Aariichtung, notament bei der Pensiounskeess vun de Gemeindebeamten, Schwierigkeeten hunn. Mir hu misse verschidden Adaptatiounen maachen, well do den deemolegen Inneminister vläicht net séier genuch reagiert huet, fir deem Problem entgéintzekommen, deen do bei der Gemeindebeamtenpensiounskeess war. Do hätt éischter kënnen drop reagiert ginn, do huet déi zoustänneg Autoritéit ze laang gewaart, bis eppes geschitt ass. An do muss mer elo kucken, fir dat e bës- selche méi no ze kréien.

Da kommen ech op eppes, wat ech och e Samschdeg héieren hunn: „Et ass näischt Soziales dran, et ass d'sozial Keelt!“ Wann ech dann déi Chiffere kucke vum Budget ... Et ass haut och eng ganz interessant Tabell, ech weess net méi, a wat fir enger vun den Dages- zeitungen, wou ënnerstrach gëtt, dass 47 % vun den Ausgabe vun deem Budget do sinn, fir sozial Trans- ferten ze maachen. Elo kann ee soen: „Et misste 50 % sinn!“ Mee ob dat elo 47 oder 50 % sinn ... Et ass op alle Fall scho komesch, dann awer ze behaupten, dat hei wier de Budget vun der sozialer Keelt, wa 47 %

vun deem, wat an deem Budget ass, dofir do sinn, fir sozial Transferten ze maachen.

Ech wëll do nach eng Kéier eppes ënnersträichen, well et ass hei gesot ginn, et géif näischt gemaach gi fir déi Aarm: Jo, et ass e Problem do, Lëtzebuerg ass méi aarm ginn! A wann dann d'Madamm Presidentin, oder d'Madamm Direktesch, vun der Stëmm vun der Strooss gesot huet, dass d'Ausgaben – op alle Fall do, wou si Iesse mussen erausginn – sech vun 2014 bis 2023 vervéierfacht hunn, da muss ech soen: Dat ass geschitt am Zäitraum vun 2014 bis 2023!

Also, wann ech richteg informéiert sinn, war do op alle Fall kee vun eis vun der CSV derbäi an deenen zéng Joer. An dofir war ech dach awer e bëssen iwwerrascht, wéi ech héieren hu vun de Vertrieder vun der sozialistescher Partei, dass dat en Hon wier, dass hei näischt géif am Soziale geschéien. Ech war der Meinung, si wieren déi lescht 10 Joer derbäi ge- wiescht. Dat ass nach keng 6 Méint hier! A si hätten och déi lescht 20 Joer d'Méiglechkeet gehat, derfir ze suergen, dass déi Schéier do net méi wäit auserne- geet.

Ech weess, dass Problemer do sinn. Mee elo ze men- gen, dass a sechs Méint eng nei Regierung an deem dote Volet alles misst kënnen aneschtens maachen, wéi dat virdu gemaach ginn ass ... Dir Dammen an Hären, léif Frënn, also, a sechs Méint kanns de net op eemol eppes komplett aneschtens maachen. Ech wëll dat just ënnersträichen, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... well dat och de leschte Samschdeg op RTL esou gesot ginn ass. Dofir wollt ech eng Kéier dorop agoen.

Ech mengen och, dass et weider wichteg ass, dass mer eppes maachen, fir deene sozial Schwaachen ze hëllefen. An et ass och virdu souwuel vum Finanzmi- nister wéi och vum Minister vun der Economie a vum Mëtzelstand gesot ginn, dass e Plang amgaangen ass ausgeschafft ze ginn, speziell fir ze kucken, dass mer dat mat der Aarmut e bësse méi no beienee bréngen. Dat ass eng Realitéit!

Mee den Haaptproblem hei zu Lëtzebuerg fir d'Aarmut ass de Logement. Do kënnen mer esou vill diskutéie- ren, wéi mer wëllen, de Logement ass den Haaptpro- blem hei zu Lëtzebuerg, déi deier Logementspräisser respektiv dass mer kee Logement fannen! An dofir huet d'Regierung do och gehandelt a si huet direkt en éischte Logementsdësch aberuff gehat a si huet een éischte Pak vu Mesüren erausginn, fir dass mer kënnen beim Logement eppes maachen. Well wann s de zwëschen 25 % a 50 % muss ausgi fir ze wunnen, oder nach doriwwer eraus, da bleift net méi vill, fir de Rescht vum Mount iwwert d'Ronnen ze kommen. An dofir ass et wichteg, dass do Akzenter gesat ginn an dass mer do eppes maachen. An d'Regierung ass jo amgaangen, dat ze maachen. An et ass och de Moien hei ugekënnegt ginn, dass nach eng zweet Ronn vun deem Logementsdësch wäert stattfannen.

Déi Investissementer, déi an de Logement gemaach ginn, si wichteg. Wichteg fir eis Economie, well et ass net nëmme d'Wunne selwer, mee och wichteg fir eis Wirtschaft. Déi Problemer, déi an deem Secteur sinn, sinn nach eng Kéier ënnerstrach gi vum Wirtschafts- minister. De Bau huet Problemer. Net jiddwereen! Et sinn och Baubetriber, deene geet et esou gutt wéi scho laang net méi, well déi sech da manner op den Héichbau, mee méi op den Déifbau spezialiséiert hunn. Mee am Héichbau si Problemer, a wann den Héichbau Problemer huet, dat wëssen nach déi méi stänneg Kolleegen heibannen, mir haten dat schonn eng Kéier, da kommen och déi aner Betriber hannen- drun. Wann nämlech de Bau de Schnapp huet, dann hunn déi Betriber, déi hannendru kommen, schonn



d'Gripp, a Verschiddener kréien d'Longenentzündung.

An dat fanne mer dann erëm, wa mer d'Faillitte kucken, wou och nach eng Kéier ënnerstrach ginn ass, dass d'Zuel vun de Faillitten an deem Beräich an d'Luucht gaangen ass. Wat awer och logesch ass! Wann nämlech net gebaut gëtt, gëtt keng Kiche verkaaft, gëtt keen Elektresch verluecht, well dann ass kee Besoin dofir do.

An dofir ass et wichtig, dass alles gemaach gëtt, fir de Bau unzekuerbelen, an et ass och wichtig, deene Betriber esou gutt wéi méiglech ze hëllefen, fir déi Duuschtstreck kënnen ze iwwerstoën. Et ass wichtig, dass mer dat an de Grëff kréien.

Een anere Punkt, an dat ass och nach eng Kéier ënnerstrach ginn, ass, dass mer, wat d'Mobilitéit ubelaangt a wat d'Nohaltegkeet ubelaangt, jo massiv amgaange sinn ze bauen. Do wäerten d'Madamm Backes an d'Madamm Cahen muer de Moie mat den Zuele kommen, wa mer iwwert d'Grands projets d'infrastructure kucken, wat do weiderhin alles wäert investéiert ginn. Deen Investissement wäert ganz héich bleiwen! Wat ee jo och erëmfinnt an all den Avise vun de Berufschamberen, déi ënnersträchen, wéi gutt et ass, dass den Invest hei zu Lëtzebuerg esou héichgehalé gëtt, well dat ass wichtig, fir d'Ekonomie unzekuerbelen, an et ass och wichtig, dass mer de Mobilitéits- an och nach aner Problemer an de Grëff kréien.

Dat selwecht gëllt am Klima- an Energiefong, wou och investéiert gëtt a wou et och wichtig ass, dass dat weiderhin héichgehalé gëtt, an – et ass virduer nach vun deenen zwee Ministere gesot ginn – dass mer bei der Energietransitioun déi néideg Virkéierungen huelen, fir dat och méiglech ze maachen. An do ass et virun allem wichtig, dass mer déi nei Leitung aus Däitschland eriwuer och kënnen bauen, fir dass mer d'Méiglechkeet hunn, dat och ëmzesetzen.

Dat selwecht gëllt fir d'Digitaliséierung, wou et wichtig ass, dass Lëtzebuerg méi digital gëtt, mee wou een awer gläichzäiteg, wann ee vu méi digital schwätzt, déi aner Leit net därfer vergiessen. Well et sinn och Leit aus verschiddene Generatiounen, déi Schwieeregkeeten hu mat deem Digitalen, an et sinn och Leit, an dat fënnt een eraus, wann ee mat deene Leit schwätzt, deenen et net grad esou gutt geet an déi och net onbedéngt ëmmer wëssen, wéi se mat deem Digitalen ëmginn.

A wa mir da soen, dass mir eng Simplification administrative am digitale Beräich maachen, ass domadder deene Leit net gehollef, well déi Leit wëssen net, wéi se dat digital kënnen ëmsetzen. Dat merkt een, wann Der mat Leit schwätzt wéinst Bankgeschäfte, wou se net wëssen, wéi se dat solle maachen, well se net méi onbedéngt kënnen an de Schalter vun der Bank goen, wéi se dat fréier gewinnt waren, mee wou se da gesot kréien: „Dat kënn Der doheem maachen oder Der kënn Iech e Rendez-vous huelen, fir bei der Bank de Prêt kënnen ze maachen.“ Dass mer och déi Leit net vergiessen, déi do Schwieeregkeeten hunn an dass mer et och do fäerdegbréngen, deene Leit déi Hëllef zoukommen ze loossen, déi se brauchen.

Dat selwecht hu mer ëmmer méi am medezinnesche Beräich, wou et och eng gutt Saach ass, dass mer do och mat der Digitalisatioun virukommen, mee a ganz ville Praxisen, wann do haut e Patient urift, fir e Rendez-vous ze froen, da kritt e geäntwert, e soll dat wannehgelift maachen iwwert den digitale Beräich. Et gëtt awer och Generatiounen, an ech hunn nach een esou bei mir an der Famill, wou ech weess, dass deen da Schwieeregkeeten huet, wann dat muss gemaach ginn. Da bass de frou, wann s de d'Kanner

hues, respektiv wann s de op aner Leit kanns zrëckgräifen, fir deem entgéintzegoen. A sou geet och an den Hëllefberäicher, wa mer schwätze vu sozialen Aiden. Och do ass et elo méiglech, alles elektronesch ze maachen, mee mir mussen awer och nach ëmmer dee gudden ale Guichet behalen, fir dass déi Leit d'Méiglechkeet hunn, fir och do nach kënnen déi Froen ze stellen.

Da gi mer och dozou iwwer, dass mer mussen investéieren, wa mer gären hätten, dass den Emploi weider an d'Luucht geet. Mir wëssen, dass eisen Emploi de Moment zwar héich ass, mee dass mer awer Schwieeregkeeten hunn. Mir hunn esou vill Chômage wéi schonn eng gewëssen Zäit net méi. A wann Der wësst ..., wéi Der dat jo alleguere konnt an der Zeitung liesen, huet och gëschter e gréissere Lëtzebuerger Traditionsbetrieb – zwar net mat deem Numm, deen en elo dréit, mee déi méi stänneg Kolleege wëssen nach, dass deen an der Zäit zu Wolz war an do nach en aneren Numm hat –, dee Biedem hiergestallt huet, ugekënnegt, e géif iwwer 130 Plazen ofbauen, obwuel en nach viru Kuerzem an engem Plan de maintien dans l'emploi war. Elo wëlle se Licenciements secs maachen. Dat ass eppes, wat dee Betrieb gëschter ugekënnegt huet. Domadder wësse mer, dass mer do mussen oppassen, wat geschitt!

Dofir ass et och wichtig, dass mer am Fonds pour l'emploi – d'Ausgaben, si bleiwen héich – och nach genuch Suen hunn, fir dat kënnen ze maachen. A mir mussen och gläichzäiteg eppes maachen, fir d'Formatioun an d'Luucht ze kréien. Well mir stelle jo och fest bei deenen Zuelen, déi mer all Mount kréien, déi mer jo och als Chamber zougestallt kréien, dass och d'fräi Plazen awer erofginn, och wann der nach ëmmer do sinn, mee d'fräi Plazen u sech ginn erof, a mer mussen et fäerdegbréngen, déi Leit, déi eng Schaff sichen, an déi Plazen, déi fräi sinn, opgrond vun der Formatioun kënnen beieneenzeféieren.

Dofir ass et wichtig, an den edukative Beräich ze investéieren. Et ass wichtig, an d'Schoulen ze investéieren. Mee et ass awer och wichtig, a Weiterbildung ze investéieren, fir dass déi Leit déi néideg Méiglechkeeten hunn, fir Weiterbildung a Formatiounsoffere kënnen ze maachen, fir do virunzekommen.

An do ass et nach eng Kéier – dat wëll ech ënnersträchen – och wichtig, dass de Sozialdialog klappt, dass zesummen zwëschent de Sozialpartner, heiansdo ouni d'Regierung, heiansdo mat der Hëllef vun der Regierung, déi néideg Moossname kënnen ënnerholl ginn, fir deene Leit, déi dovou beträff sinn, ob dat vu Chômage ass oder ob dat ass, well se kee ... Et si jo och vill Leit, déi eng Plaz sichen a keng Chômage kréien, mee och deene Leit muss gehollef ginn, fir dass mer do Méiglechkeete kréien, dass déi och kënnen aus där Situatioun erauskommen.

Ech mengen, et ass jo och nach eng Kéier ënnerstrach ginn: D'Salariatschamber, déi e bësse méi e kritesche Rapport gemaach huet, huet ënnerstrach, dass et alles aneres wier wéi e Spuerbudget, a si fënnt et och gutt, dass an de Logement vill Geld fléisst. Si hätt sech zwar och kënnen virstellen, dass déi Investisementer op eng aner Aart a Weis gemaach gi wäeren, mee op alle Fall ënnersträicht se, dass et gutt ass, dass dat och héich bleift.

E staarke Staat ass och e performante Staat. Ech mengen, dat ass ganz wichtig, fir dat kënnen ze soen. An dofir, wéi gesot – ech hat dat scho vum Digitale gesot –, ass et och wichtig, dass mer genuch Beamten hunn op deene jeeweilege Plazen, fir déi Aarbecht ze maachen, an et ass och gutt dofir, dass virun allem och d'Ausgabe bei der Police an d'Luucht ginn, fir dass do kann nach méi rekrutéiert ginn, soudass et sécher ass,

dass domadder d'Sécherheet an d'Sécherheetsgefill vun de Leit och wäerte gestärkt ginn.

An et ass och wichtig, dass mer en effikassen an e performanten Dëngscht um Bierger kënnen maachen. An da wëll ech dat nach eng Kéier ënnersträchen: D'Digitaliséierung, jo, mee et därfer een och déi Leit, déi nach net mat deenen elektronische Saachen esou gutt kënnen ëmgoen, net vergiessen.

Et ass wichtig, dass mer ...

(Interruption)

D'Computeren, de WhatsApp, ech weess net, wéi se nach all heeschen!

... dass déi och domadder kënnen eens ginn an dass se déi Hëllef kréien.

Et ass och gutt, dass mer staark Gemengen hunn, an et ass och wichtig, dass d'Prioritéiten an de Gemengen an d'Luucht gesat ginn, dass et och do eng Simplification administrative gëtt, dass och an de Gemenge verschidde Saache vereinfacht ginn.

Do huet och de Syvicol nach eng Kéier higewisen op déi Problemer, déi et gëtt, dass et wichtig ass, dass och d'Subsidepolitick, do, wou d'Gemenge kënnen Subside kréien, muss op de Leescht geholl ginn, fir och ze kucken, wéi een déi Prozedure kann änneren, dass déi Plaffonge gegebefalls kënnen geännert ginn, fir dass och d'Gemengen op déi Aart a Weis anescht a vill méi intensiv kënnen gehollef kréien.

Den Inneminister Léon Gloden huet jo do am Dialog mam Syvicol ugekënnegt, dass se do amgaange sinn, verschidde Chantieren unzepaken, an dass et och drëm geet, fir de Gemengen ze hëllefen, fir do Geste kënnen ze maachen.

Well d'Gemengen hunn och eng primordial Roll, wa mer vum Wunnengsbau schwätzen. Mir schwätzen ëmmer vun deenen ëffentlechen Träger SNHBM a Fonds du logement, mee och d'Gemenge kënnen e groussen Träger sinn am Logement. Ech mengen, eng Uertschaft, wou mer de Moment eis alleguerten heibanne befannen, huet jo ugefaangen, Projeten opzekafen. Och de Lëtzebuerger Staat ass amgaang, dat ze maachen. Et sinn och verschidde Gemengen, déi gréisser Projete lancéiert hunn, net nëmmen ronderëm d'Stad, mee och am Süden an op anere Plaze vum Land, fir dass do och d'Méiglechkeet geschafe gëtt, dass d'Gemenge sech do och nach méi kënnen an de Wunnengsbau mat abréngen, well wa mer d'Wunnengsbaukris wëlle léisen, ass dat ouni d'Gemengen net méiglech. Mir brauchen d'Gemengen do, an do ass et och wichtig, dass déi Bremsen, déi et do gëtt, opgehewe ginn, fir de Gemenge méi Méiglechkeeten ze ginn, fir do kënnen aktiv mat eranzegoen.

D'Finanzplaz am Dëngscht vu Land a Leit, huet d'Budgetsrapportrice nach eng Kéier ënnerstrach. Si ass e Motor vun der Wirtschaft a si ass och e Motor beim Aarbechtsmaart.

Hir Zuelen 2023, och dat ass nach eng Kéier ënnerstrach ginn de Samschdeg an enger Radiosemissioun, wieren esou gutt wéi nach ni. Dat ass och scho vun anere Plaze gesot ginn. Mee et ass och eng Kéier ënnerstrach ginn, an dat war am Mount Februar, wou ee vun de Verrieder vun der ABL gesot huet, dass véier vu fënnef Ufroe fir e Prêt musse refuséiert ginn, well d'Leit d'Konditiounen net erfëllen. Véier vu fënnef! Dat war de Stand am Februar, dat ass deemools gesot ginn an engem Zéng-op-aacht, wou ee festgestallt huet, dass dat Schwieeregkeete sinn, fir dass d'Leit och kënnen kafen.

Mir hunn den Direkter héiere vun enger gréisserer staatlecher Institutioun, déi Société nationale des habitations à bon marché heescht, déi zu Kielen Haier

hunn, déi fäerdeg sinn, déi se awer net verkaf kréien, well déi Leit, déi d'Krittären erfëllen, fir kënnen op d'Lëscht ze komme vun den Haiser, d'Krittären awer net erfëllen, fir bei de Banke Sue geléint ze kréien.

A mir haten och eng Diskussioun an der Budgetskommissioun, an der Finanzkommissioun, wéi mer mat der Lëtzebuurger Zentralbank geschwat hunn, dass mer och feststellen, dass Leit, déi e Prêt ufroe bei Lëtzebuurger Banken, da gesot kréien: „Jo, Dir géift jo d'Konditiounen schonn erfëllen, mee hutt Der dann och 100.000 oder 200.000 Euro selwer? Well wann Der déi net hutt, si mir net bereet, dese Moment Suen ze verléinen, fir eppes Neits ze kafen. Mee mir léinen Iech awer Suen, fir dat Besteeënd kënnen ëmzebauen.“

An do muss ech Iech soen, an do géif ech en Appell maachen – ech weess, dass de Finanzminister net d'Weisungsbefugnis huet vis-à-vis vun de Banken, mee jo och reegelméisseg Gespréicher huet mat de Lëtzebuurger Banken –, fir awer do ze kucken, ob dat de richtige Wee ass, dass wa Leit zwëschent 400.000 a 500.000 Euro wëlle léinen, se dann, obwuel se gutt Plazen hunn, obwuel dat ofgeséichert ass, obwuel e Bierg do ass, deen och dofir géif richtstoen, gläichzäiteg gesot kréien, wa se net 100.000 oder 200.000 Euro hätten, dass se dann net geléint kriteren.

Well nämlech déi Gefor, déi besteet – an et ass dat, wourop d'Madamm Adehm schonn higewisen huet –, ass, dass do Leit dann an eemol an en Nopeschland ginn an do Sue léinen, fir dee Seuil kënnen ze erfëllen, fir hei zu Lëtzebuerg e Prêt ze kréien. An déi e bësse méi stänneg heibannen, déi kënnen sech nach drun erënneren, dass mer dat schonn eng Kéier virun 20 respektiv 25 Joer haten, wou ganz vill Leit sech éischt Startpräten an d'Grenzregiounen siche gaange sinn, fir da kënnen ze soen: „Ech hunn hei d'Ufankskapital, fir eppes kënnen drop ze bauen“, mat deem Ënnerscheed, dass déi Präten oft zënsméisseg vill méi héich ware wéi hei zu Lëtzebuerg an dass, wann et do op eemol net méi gaangen ass mam Zréckbezuelen, déi mat méi drastesche Methode virgaange si wéi dat bei den übleche Lëtzebuurger Schalterbanke gemaach gouf.

An dofir, Här Minister, wier et vläicht net schlecht, wann Der eng Kéier de Banken, wann Der déi Diskussiounen hutt, och do nach eng Kéier sot, dass et vläicht wichtig wier, och doriwwer nozedenken.

An dat selwecht ass ..., mir wësse jo, an haut de Moie sinn d'Zuelen nach eng Kéier genannt ginn, wivill Leit e Prêt hunn, déi eng fir en Haus an déi aner fir nach eppes aneres, wat meeschten en Auto ass. A mir wësse jo, dass an Zwëschenzäit déi Autoschen Autospräten direkt an der Garage matgemaach ginn. Wann den Auto kaf gëtt, gëtt de Prêt gemaach. Mee och do wier et heiansdo wichtig, de Konsument drop hinzeweisen, wat fir eng Zënspolitick do gemaach gëtt an dass déi Kontrakter, déi een do ënnerschreift, net onbedéngt ëmmer vu Lëtzebuurger Banke sinn.

Do gesinn nämlech vill Leit, wa se duerno kucken, wat op hirem Vertrag steet, wa se an der Garage en Auto kaaft hunn, dass se dann am Grenzgebitt, an der Belsch oder am Frankräich, ukomm sinn, dass se do vun där Bank de Prêt gemaach kritt hu fir hiren Auto, deen hei zu Lëtzebuerg op der Strooss leeft. An ech mengen, do wier et wichtig, dass ee géif drop hiweisen, wat dat fir Konsequenzen kann hunn, well dat ass meeschtens eng aner Zënspolitick wéi déi, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt.

An dofir ass déi Iddi fir ze soen, mir missten d'Leit, wat d'Finanzen ubelaangt, an der Schoul méi forméieren, wichtig. Mee et geet net duer bei deenen an der Schoul. Dat ass d'Generatioun vu muer. Mee

mir müssen och bei der Generatioun vun haut drop hiweisen, wat dat fir Problemer ka mat sech bréngen.

En anere wichtige Beräich, deen och muss gehollef kréien, ass de Landwirtschafts- an de Wäibauberäich. Ech mengen, de Wäibau huet virgëschter eng béis Iwwerraschung erlieft, nämlech wéi moies d'Temperaturen déi waren, déi se elo sinn. A wann ech elo vum Wäibau schwätzen, kann een och vum Uebst schwätzen, well och do huet dat, wat elo an der Bléi war, eng matkritt mat den Temperature vun deene leschten Deeg. Mee et ass wichtig, dass mer an der Landwirtschaft, am Wäibau an am Uebstbau de Betriber déi Hëllef zoukomme loossen, déi se brauchen.

An et dierf een net vergiessen: Lëtzebuerg war dat eenzeg Land, wou déi Leit aus dem Landwirtschaftsberäich – mat Ausnam vun hirer Solidaritätskundgebung zu Schengen – net op der Strooss waren, wéi dat an anere Länner geschitt ass. An dat ass en Zeechen, dass do e gudden Austausch zwëschent der Landwirtschaftsministesch, dem Staatsminister an dem landwirtschaftleche Milieu stattfonnt huet. An et ass wichtig, dass mer déi Moyenen, déi mer zur Verfügung hunn, och do kënnen asetzen, fir hinnen ze hëlfe.

En anere Beräich, dat war deen, wou mer ëmmer geklappt hunn. D'Madamm Lenert ka sech héchstwahrscheinlech am beschte vun eis alleguerten dorun erënneren. Dat war, wéi dat mam Covid ugaangen ass, wou mer da sonndes owes um Balcon stoungen engem Secteur ze klappen, an dat war de Gesondheitssektor. An dat war och richtig, dass mer deene Leit deemools geklappt hunn an eis solidaresch mat deem Secteur erkläert hunn. Mee mir wëssen och, dass et net duergeet mam Klappen.

Déi Leit aus der Petitiounskommissioun an aus der Santéskommissioun haten och d'lescht Woch en Debat heibannen, wou ee vun deene Berufsständ – net alleguerten, mee ee vun deene Berufsständ – hei war a gesot huet: „Dir hutt eis zwar do geklappt an op d'Schëller geklappt, mee mir hunn och nach aner Problemer, éischters wat de Besoin u Personal ubelaangt an zweetens och alles, wat d'Aarbechts- an d'Lounkonditiounen ubelaangt.“ A wann dat fir ee Berufsstand géllt, kann ech Iech garantéieren, da géllt dat genauso gutt fir all déi aner Berufszweiger. Dat wësst Dir och. Jiddweree vun Iech kennt Leit, déi an deem Beräich schaffen.

Do muss mer onbedéngt eppes maachen. An d'Madamm Lenert huet et och e puermol, deemools vun donidden, ënnerstrach: Wa mer d'Ausländer am Secteur net gehat hätten, da wier dee ganze Secteur zesummegebrach an dann hätt Lëtzebuerg kënnen dee Moment, entschëllegt den Ausdrock, de Schlëssel ënnert d'Dier leeën, well dann hätt näischt méi geklappt. Dat heescht, mir ware ganz op d'Grenzgänger ugewisen. An et ass wichtig, dass mer do Aarbechtskonditiounen hierstellen, dass déi Leit sech méi wuelfillen. An et ass och wierkelech wichtig, dass mer Propaganda derfir maachen, sech fir déi Beruffer ze engagéieren.

Dat géllt fir d'Gesondheitsberuffer allgemeng, mee dat géllt och fir d'Dokteren. Well mir kënnen fuerderen, mir missten hei e Service schafen an do e Service schafen, mee wa mer kee Personal hunn, fir dat ze maachen, a wa mer keng Dokteren hunn, fir dat ze maachen, da kënnen mir heibannen déi beschte Resolutiounen an déi beschte Motiounen huelen, mee da kënnen mer et net ëmsetzen, well e Manktem u Personal ass.

An et ass do och wichtig, dass mer an d'Ausbildung vun deene Leit investéieren, dass mer op d'Ausbildung hiweisen, awer gläichzäiteg net nëmme d'Ausbildung

kucken, mee duerno och Aarbechtskonditiounen schaffen, dass déi Leit sech an deem Secteur wuelfillen an an deem Secteur bleiwen. Well mer hu virun allem am Fleegeberäich eng grouss Ofwanderung vu Leit, déi no zéng, zwielef Joer op eemol d'Decisioun huelen, dee Secteur ze verloossen, well se net zefridde si mat den Aarbechtskonditiounen. Dat muss een och eng Kéier op de Leescht huelen an och do déi néideg Aktiounen maachen.

An der Petitiounskommissioun d'lescht Woch ass gesot ginn – fir d'Aide-soignantë war dat –, dass mer op alle Fall do déi néideg Diskussiounen géife féieren an de jeeweilige Kommissiounen, fir do och aner Moyene kënnen ze huelen.

Dann ass do nach en anere wichtige Secteur, an dat ass deen, wou mer och déi meescht Aarbechtsplazen déi lescht Joerzéngte geschafen hunn: dat ass den öffentliche Secteur. Dat ass d'Fonction publique u sech an dat sinn alleguerten déi sougenannte parastaatleche Betriber.

Wéi mer virun zéng Joer hei stoungen, den Här Bausch, den Här Roth an ech – ech mengen, mir sinn nach déi dräi eenzeg, déi deemools geschwat hunn, a dach, den Här Meisch ass och nach derbäi –, wéi mer deemools hei geschwat hunn, war dee gréisste Patron hei zu Lëtzebuerg net d'CFL, wëll ech Iech soen, an deen zweetgréisste Betrib, deen deemools do war, war och net de Cactus. Mee dat waren nach Industriebetriber, dat war nach d'Stolindustrie, dat waren nach verschidde Banken, déi deemools déi gréisste Betriber hei am Land waren.

An der Zwëschenzäit huet déi Schéier sech geännert. An et muss ee sech bewosst sinn, wann ee Leit am Staat oder am parastaatleche Secteur astellt, dass dat zwar direkt remuneréiert a Recettë bei der Lounsteuer mat sech bréngt, mee dass dat net onbedéngt Recettë bréngt bei der Betribsbesteuerung, well do vill Betriber derbäi sinn, déi keng Steieren un de Lëtzebuurger Budget offéieren. Och dat dierf een do net aus den Ae verléieren, wann een dat mécht.

Mee et ass awer wichtig, dass déi Leit déi richtig Loun- an Aarbechtsbedingungen hunn. Do ass en Accord salarial ausgehandelt ginn, scho virun annerhallwem Joer, an e groussen Deel dovun ass nach ëmmer net ëmgesat. A mir sinn iwwerzeegt – de Serge Wilmes huet eis dat och nach ënnerstrach, wéi mer mat dem Fonctioun-publiques-Minister zesumme waren –, dass déi Accorden elo solle schnellstméiglech ëmgesat ginn. Do ass en Deel jo schonn ëmgesat, an déi Projeten, déi nach net ëmgesat sinn, do sollen déi Gesetzesprojete schnellstméiglech kommen. An dann hoffe mer, dass et bei där Institutioun, déi net wäit vun eis hei ewech ass, och séier virugeet, dass mer dat nach kënnen maachen.

Ech wëll drun erënneren: Enn des Joers sollen erëm nei Lounverhandlungen an deem Secteur ugoen! An ech weess nach aus mengem fréiere Liewen – dat war zwar dann net beim Staat, mee dat war am Privatsektor –, datt et ëmmer schwéier war, en neie Kollektivvertrag schonn auszuhandelen, wann s de dee vu virun nach net ofgeschloss has. An dofir wier et wichtig, dass mer dat och alles géifen hikeréieren, dass mer esou séier wéi méiglech déi Projeten op den Instanzewee kréien a se dono och deementspriedend hei an d'Chamber kënnen kréien.

Mir hunn och geschwat vu paperless a wat do alles op eis zoukënn. Ech hu geschwat vu Gemengen, ech hunn dervu geschwat, wat mer do alles an der Digitaliséierung kënnen maachen. Et ass och wichtig am Justizberäich, dass mer et fäerdegbréngen, méi paperless ze maachen. Do huet d'Regierung schonn ugefaangen, eppes ze maachen, an dat solle mer nach weider ausbauen.



Mee elo soen ech dat selwecht, wat ech virdu gesot hunn: Do gëtt et eng Zort Clienten, déi net wäerte mam Paperless eens ginn, déi et nach ëmmer brauchen, dass et méiglech ass, bei e Schalter eppes sichen ze goen.

An ech muss éierlech soen, ech kennen Der och, déi kréien zwar allkéiers gesot: „Du kanns och dā Casier judiciaire“, fir elo mol eppes ganz Banales ze soen, „elektronesch iwwer MyGuichet erofzéien.“ Da soen déi Leit mer – an dat sinn der net nëmmen, déi an den 1930er- oder an den 1920er-Jore gebuer sinn, mee do sinn der och derbāi, déi e bësse méi spët gebuer sinn –, dass déi nach ëmmer net domat eens ginn. Do ass et wichteg, dass d'Méiglechkeet nach ëmmer bestoe bleift, dass een dat ka selwer siche goen oder dass een dat ka bestellen, well dat soss zu anere Schwieregkeete féiert. A gläichzäiteg muss een och driwwer nodenken – an et si verschidde Gemengen, déi dat maachen –, dass een e Plang mécht, wéi een deene Leit ka weisen, wéi dat fonctionéiert, dass een d'Leit ka betreiwen an dass se eng Ulafstell hunn, fir dat gewisen ze kréien.

Mir hu geschwat, oder net mir, mee ech, an ech kommen nach eng Kéier op dat Wuert zrëck, wat ech haut de Moien héieren hu vun der „sozialer Keelt“. Eng Madamm, déi elo gläich no mir schwätze wäert, huet esou Saache gesot wéi dass näischt am Soziale géif geschéien. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, wat am Familljeministère alles gemaach gëtt, dass mer do 1,5 Milliarden ausginn aleng fir d'Kanner, fir d'Kannergeldkeess. 1,5 Milliarde gëtt Lëtzebuerg derfir aus, fir eppes an der Kannerbetreiung ze maachen!

Mir setzen och Akzenter bei der Aarmutsbekämpfung. Nach eng Kéier, ech hat et schonn aféierend gesot: D'Regierung ass amgaangen, e Plang auszuschaffen – deen och an deenen nächste Wochen a Méint wäert op den Dësch kommen –, wat een nach ka bei der Aarmut vereinfachen, well et ass jo net nëmmen ee Ministère, deen do concernéiert ass. Do si méi Ministère concernéiert, fir do e Plan d'action ze maachen.

Mee och do wësse mer, dass viles iwwert de Wee vun der Digitaliséierung leeft, mee dass do dach awer och gläichzäiteg e gréisser Problem ass. An ech hat d'lescht Woch nach d'Chance, zesumme mam Yves Cruchten op enger Table ronde ze sinn, wou nach eng Kéier ënnerstrach ginn ass: „Jo, Dir maacht elo alles schéi propper digital, mee Dir musst drun denken, dass déi Leit, déi Problemer hu mat der Aarmut, net grad déi sinn, déi deen neiste Laptop doheem stoen hunn an deen neiste Programm, fir dat dann alles digital kënnen unzefroen.“

Et ass do wichteg, dass mer déi Ulafstellen hunn, wou d'Leit kënnen mat Leit schwätzen, wou d'Leit kënnen higoen, fir gehollef ze kréie beim Ausfüllen. Et geet alles méi séier, wann ee weess, wéi een et ausfüllt. Mee wann een net weess, wéi een et ausfüllt, da geet et meeschtens esou: Den Ziedel ass net komplett, du kriss alles zrëckgeschéckt, an da weess de net, wou s de dru bass. Do muss mer déi néideg Upassung maachen.

An da wëll ech awer e Beispill nennen, dat mech awer e bëssen erféiert huet. Wéi ech nogelies hunn, ass et awer esou. Do ass eng Famill, déi fret d'Allocation de vie chère un. An dunn huet se d'Allocation de vie chère refuséiert kritt, well se d'Konditionnen net erfëlle géif, hire Loun wier ze héich. An do huet se gesot: „Et ass awer komesch, elo sinn ech sechs Méint an der Pension. Ech kréien 1.000 Euro manner. Da géif ech awer d'Konditionnen erfëllen. An ech hunn elo geäntwert kritt, datt si sech op eise Revenu de ménage vun zwielef Méint virdu beruffen.“

Do muss mer et fäerdegbréngen, dass dat méi soft – wéi soll ech dat nennen? Net soft, mee méi séier – iwwert d'Bün geet, dass d'Leit wierklech wëssen, wéi d'real Finanzsituatioun ass. Well et hëlleft mer näischt, wann ech weess, dass ech virun zwee Joer 2.000 Euro weider verdéngt hunn, ier ech an der Pension war. Wann ech an der Pension sinn an ech falen dann drënner, da muss ech zwee Jore waarden, bis ech dann d'Konditionnen erfëllen, fir déi Allocatiounen kënnen ze kréien.

An ech gesinn um Nicke vu verschidde Leit, déi an den Office-sociale setzen an déi dofir zoustänneg sinn, dass déi de Problem och kennen. Och do muss mer eppes maachen, fir deene Leit ze hëlleften, dass déi Leit méi séier déi Hëllef kënnen kréien, dass mer dann net elektronesch do blockéiert sinn. Wat heescht elektronesch? Duerch den Echange misst et a mengen Ae méiglech sinn, dass mer dat kënnen maachen.

Et ass dofir gutt, dass do verschidde Servicer opgestockt ginn, all déi, déi sech ëm de REVIS an ëm d'Office-sociale bekëmmern. Et ass zwar am Koalitiounsaccord net gesot ginn, mir géifen eng Reform maache vum REVIS, mee et ass gesot ginn, dass awer no deem Bilan, deen do gemaach ginn ass no der Aféierung vum REVIS, een do verschidde Adaptatiounen soll maachen. Déi mussen net onbedéngt iwwer e Gesetzeswee kommen, mee et ass wichteg, dass déi Servicer ausgebaut ginn an dass mer och eng Opstockung vum Personal kréien, fir dass mer déi Chantieren och kënnen ugoen, well et ass awer wichteg, fir deene Leit kënnen ze hëlleften.

An da kommen ech op eppes zrëck, wat d'Madamm Adehm och gëscht nach eng Kéier gesot huet: dat ass dat vun der Iwwerverschëldung. A bei der Iwwerverschëldung kucken ech et dann elo e bëssen aus engem anere Bléckwénkel, wéi d'Madamm Adehm et scho gesot huet.

Ech kenne Leit, déi sinn an deem Programm vun der Iwwerverschëldung mat dran an déi schaffen allen zwee bei engem effentleche Patron, wou se agestallt gi sinn. An deen ee sëtzt nach ëmmer op deem Loun, deen en deemools hat, well e gesot huet: „Ob ech eppes schaffen oder ob ech näischt schaffen, ech behale souwisou ëmmer nëmmen dee Minimum iwwereg, dee geholl gëtt, well de Rescht kréien ech ewechgehall, fir op d'Iwwerverschëldung zrëckzebezuolen.“ Mee du hues awer och Leit, déi motivéiert sinn, an déi hu gesot: „Ech wëll awer gläichzäiteg trotzdeem virukommen am Liewen.“ An déi hätten da laut Kollektivvertrag och eng Plaz, déi 2.000 Euro méi héich bezuelt ass, mee déi kréien ënnert dem Stréch awer hoergene ass dat selwecht kréien, dee sech manner drugëtt, well nämlech bei der Iwwerverschëldung et einfach heescht: Dat do ass de Seuil minima, deen s de behäls, an alles, wat s de driwwer verdéngs, gëtt zrëckbezuelt dohinner!

Och dat muss een awer kucken. Ech weess, firwat dat deemools agefouert ginn ass 2013, well ech de Projet relativ gutt kannt hunn. Ech weess, firwat dat alles gemaach ginn ass, mee et soll een awer driwwer nodenken, dass déi Leit, déi Leeschtung bruecht hunn, déi an hirem Betrib weiderkomm sinn, awer vläicht méi e groussen Deel vun deem Revenu kënnen halen, wéi dat de Moment de Fall ass.

Déi méi stänneg Kolleegen heibanne kënnen sech erënneren: Dat war och fréier bei den Zousazpensiounen esou. Wann déi legal Pensioun 100 Euro an d'Lucht gaang ass, dann ass d'Zousazpensioun 100 Euro erofgaang am ale System. Well do stoung ëmmer: „Mir garantéieren der esou vill Prozent vun dengem leschte Loun.“ An esou vill Prozent vun deem leschte Loun heescht: Wann déi legal Pensioun an d'Lucht

gaangen ass, ass de Complement erofgesat ginn. Dat war eng Debatt, déi mer viru 15 respektiv 20 Joer hatten, de fréiere Sozialminister ka sech nach dorun erënneren, wéi dat gemaach ginn ass.

Dofir sollte mer och hei vläicht bei der Iwwerverschëldung driwwer nodenken, ob et net méiglech wier, dass wann déi Leit et awer fäerdegbréngen, weiderzekommen am Betrib, weiderzekommen an der Karriär, se da vun deem, firwat se schaffen, och vläicht méi e groussen Deel kënnen halen an net als Bittsteller allkéiers mussen dohinner goen, wann iergendeng Reparatur doheem ze maachen ass a se déi dann net kënnen maachen, well dat anert kontrolléiert gëtt. Dat ass eppes, wou ech géif en Appell maachen, dass een dat mat géif kucken an op den Dësch huelen.

Dann ass geschwat gi vun der „wundersamen Brotvermehrung“, déi mer géifen hei als Regierung oder als nei Majoritéit probéieren, déi „wundersame Brotvermehrung“. Ech mengen, et ass de Moien hei nach eng Kéier vun der Regierung ënnerstrach ginn, dass mer d'Ekonomie wëllen ukuerbelen. A wa mer d'Ekonomie kënnen ukuerbelen, da wäerte mer och méi Recettë maachen. An déi „wundersame Brotvermehrung“, dat ass eng ganz gutt Saach, dat passt och ganz gutt an d'Oktavzäit eran. Ech wëll awer soen, dass ee sech och muss bewosst sinn, wat do geschitt. Et muss ee sech d'Fro stellen, firwat dann d'Reserven net méi do sinn, déi virdu do waren. Déi Diskussioun kann een och féieren an do soll och vläicht e bësse méi éierlech matenee gefuer ginn.

Et ass dat selwecht, wéi dass elo an dese sechs Méint hei awer iwwerhaupt nach näischt geschitt wier an dass mer just d'Aarmut méi grouss gemaach hätten – do war ech dach awer e bëssen iwwerrascht –, wéi gesot, wéi wa mir elo an deene leschte sechs Méint hätten d'Aarmut aleng kënnen bekämpfen, d'Regierung, an all dat anert virdu wier net geschitt! Dat sief dohigestallt.

*(Interruption par M. Georges Engel)*

Nee, Här Engel.

**M. Georges Engel (LSAP) |** Net guer näischt.

**M. Marc Spautz (CSV) |** Här Engel, ech wëll Iech just ... Ech hunn net gesot, et wier guer näischt geschitt. Mee Dir kënnt ...

*(Interruption par M. Georges Engel)*

A, ech wëll just soen, ech hunn net gesot, hei wier guer näischt geschitt! Ech hu just gesot, dass et awer komesch ...

*(Interruption)*

Nee, ech schwätzen net vum Koalitiounspartner! Well deejéinegen, deen dat um Radio gesot huet, war net eise Koalitiounspartner, dat waren aner Leit.

**Mme Sam Tanson (déi gréng) |** Mee wien ass dann en charge vum Dossier?

**M. Marc Spautz (CSV) |** Gelift?

**Mme Sam Tanson (déi gréng) |** Wien ass dann en charge vum Dossier?

**M. Marc Spautz (CSV) |** Vu wat fir engem Dossier? Wie war virdu an charge vum Dossier? War dat Är Fro?

**Mme Sam Tanson (déi gréng) |** Jo.

**M. Marc Spautz (CSV) |** Dann ass et dat selwecht ...

*(Interruptions)*

... dann ass et dat selwecht fir ze soen, et wier hei keen Opschwung komm a mir géife vun engem Iwwergangsbudget schwätzen. Jo, mir soen, dass et en Iwwergangsbudget ass, well et ass deen éischte

vun där neier Majoritéit, et ass deen éischten, dee gemaach ginn ass. Dat hei sinn elo aacht Méint. Mir hate vir drun de Budget provisoire. Dat war och viru fénnef, zéng Joer, wéll ech just soen, net anescht.

Et ass gesot ginn, et géif iwwerhaupt näischt geschéien a punkto Aarmutsbekämpfung – ech si vir drun nach eng Kéier drop agaangen –, dass mer elo géife Kaddoe maache viru de Wale vum 9. Juni an den 11. Juni géif de Premierminister bei der Déclaration sur l'état de la nation dann de Contraire ukënnegen. Och déi Diskussioun ass e Samschdeg gefouert ginn. Ech fannen och dat eng ganz komesch Saach.

Mir hunn haut de Moien nach eng Kéier ënnerstrach, souwuel de Finanzminister wéi och de Budgetsrapporteur, dass mer gesot hunn, dass eng Steuerreform kéim. Dat ass eppes, wat mer ofgemaach hunn am Koalitiounsaccord, dass eng Steuerreform kënnt, eng gréisser Steuerreform, fir 2026, mee dass mer och fir den 1. Januar nach géife virgesinn, Adaptatiounen ze maachen, dass d'Steiertabell, déi schonn ugepasst ginn ass, nach eng weider Kéier géif ugepasst ginn. An dofir fannen ech dat komesch, wann do ervirgestrach ginn ass, an deenen 100 Deeg wier nach iwwerhaupt näischt geschitt.

Ech kann Iech just soen: Dat vum Logement a vun der Steuerupassung op den 1. Januar 2024, dat ass geschitt!

Dat hei wier blann op Wuesstum gesat.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Den Här Bausch huet eng Fro.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo, den Här Bausch därer roueg froen. E ka sech awer och aschreien an duerno kommen. Et ass, wéi hie wéll.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Nee, nee. Ech wollt just eng ganz frëndlech Fro stellen, Här Spautz. Macht Iech keng Suergen.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Ech wollt froen: Dir kritiséiert, datt vun der Oppositoun gesot gëtt, datt mer fäerten, datt nom 9. Juni géifen en vue vum Budget vun 2025 gréisser Spuermoossnamen ugekënnegt ginn. Gitt Dir eis hei d'Garantie, datt am Budget 2025 keng gréisser Spuermoossnamen dra sinn? Merci.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Ech ginn Iech keng Garantie, wat am Budget 2025 ass, ech géif Iech awer soen, an dat ass haut de Moien hei ënnerstrach ginn, och vum Finanzminister, dass déi Upassung kënnt vun der Steiertabell. An da kann een net hei soen, déi Upassung vun der Steiertabell géif den 11. Juni iwwer Bord geheit ginn.

Ech wéll Iech just soen, et war net Äre Vertrieeder, deen et gesot huet ...

*(Interruption par M. François Bausch)*

Ech wéll dat awer just soen. Ech wéll dat awer just ënnersträichen.

An dass mer just eleng géifen nom Prinzip Hoffnung Politik maachen, dat wier eng komesch Aart a Weis, fir Politik ze maachen. Ech wéll Iech soen: Mir maachen net Politik nom Prinzip Hoffnung. Mee et ass fir eis awer wichteg, eng Politik ze maache mat Kapp a mat Fouss. A mir sinn dach awer verwonnert, dass mer da vu Leit, déi vir drun d'Méiglechkeet hatten, fir alles besser ze maachen, gesot kréien, eng ambitiounslos Politik géif hei gemaach ginn. Ech mengen, et ass awer och zu engem groussen Deel eng Fortféierung vun deene Saachen, déi vläicht vir dru gemaach gi si vun där Regierung vu vir drun. Da kann een awer op eemol iwwerrascht sinn, wann da grad

dee Saz kënnt, dat hei wier eng ambitiounslos Politick, déi géif gemaach ginn an all deene Voleten, wou mer awer mat deem virufueren, well mer dat och am Koalitiounsaccord ofgemaach hunn. Da kann ech op alle Fall fir meng Fraktioun soen, dass mir do nëmme konnte staunen, wéi dann een dat op deene Plaze gesot huet.

Mir wéllen elo hei och net vun engem Klassekampf oder engem Kulturkampf schwätzen. Et ass net eis Absicht, e Klassekampf oder e Kulturkampf ze maachen.

*(Interruption)*

E Klassekampf, hat Der gesot.

*(Interruption)*

Klassekampf hat Der gesot, Klassekampf hat Der gesot.

*(Interruption par M. David Wagner)*

O, Här Wagner, mir schwätzen nach eng Kéier do driwwer.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Dir leider net.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Leider net?

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Är Partei, Här Spautz.

**M. Marc Spautz** (CSV) | An dofir wollt ech mer erlaben, déi Remarken ze maachen. Ech muss vläicht awer herno nach eng Kéier erëmmen, wann Der alleguerten duerch sidd, mee dat musse mer nach kucken. Mee ech wollt mer dofir erlaben, déi Remarken direkt ze maachen. Ech hu jo nach e bëssen Zäit, fir dat kënne ze soen.

Ech wéll op alle Fall soen: Fir eis ass et wichteg. An dat ass dat, wat och de Finanzminister gesot hat bei der Presentatioun vum Budget: Mir wëlle mat Schwong fir en neien Opschwung suergen. D'Majoritéit huet deen néidege Sputt fonnt am Budget, fir déi Politick kënne ze maachen, déi fir eis wichteg ass.

Dat hei ass e Budget, wou mer wëssen, opgrond vun deene Krise vun der Vergaangenheet, datt een nach verschidde Saache muss adaptéieren, mee mir waarden net op de Wuesstum. Mir probéieren de Wuesstum ze férdere, andeem dass mer domadder och de Betriber wëllen eng proaktiv Zukunft weisen. Well wann et de Betriber gutt geet, geet och de Leit gutt, déi do schaffen. An dofir hätte mer och gären, ech hat et schonn eng Kéier gesot, en neit Kollektivvertragsgesetz. Och dat steet am Koalitiounsaccord, dass mer och do déi Adaptatiounen kënne maachen.

E Budget wéi deen hei, dee stäerkt Lëtzebuerg, e séchert de Wuelstand fir déi breet Mëtt an hëlleft deene Schwächsten an eiser Gesellschaft och, wa mer alleguerten déi Punkte kënne ëmsetzen. An ech mengen, dass dat hei dee richteg Budget ass fir dëst Joer 2024 an dass mat enger nohalterger Croissance, wou ech dovun iwwerzeegt sinn, dass mat der Politik vun der Regierung, déi wäert kommen, et och méiglech wäert sinn, duerno nach aner Saachen an der Budgetpolitik ze maachen.

An aus all deene Punkte ginn ech – an dat wäert Iech héchstwahrscheinlech net wonneren – d'Zoustëmmung vun der CSV ...

**M. François Bausch** (déi gréng) | Elo hate mer e bëssen Angscht.

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... zu dësem Budget. An ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschten. Ech hunn nach e puer Minutte gehalen, fir vläicht kënne de Mëtten nach eng Kéier ze äntweren. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmools, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här Präsident. Ech géif gären ufänke mat engem Merci un d'Madamm Rapporteur vun dësem Budget am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei fir hire komplette schrëftleche wéi och mündleche Rapport, dee se gëschter hei virgedroen huet.

Kolleginnen a Kollegen, d'Debatt iwwert de Budget, de Programme de stabilité et de croissance an de Programme national de réforme, dat ass ëmmer en Héichpunkt vum politesche Programm hei an der Chamber. Et ass e Moment vu Reflexioun, wou mer nodenken iwwert dat, wat alles gemaach ginn ass.

Et ass e Moment vun Analys, wou mer kucken, a wat fir enger Situatioun dass mer eis befannen, an et ass och dee Moment, wou mer eis Ziler a Prioritéite fir d'Zukunft definéieren an och soen, wat mer wëllen ëmsetzen.

De Regierungswissel huet zu engem Moment stattfonnt, wou mer schonn erausforderend Zäiten hantert eis haten.

An éier ech op déi verschidde Volete vun dësem Budget aginn an op d'Prioritéite vun der Demokratescher Partei, wéll ech Iech soen, dass mäi Kolleg André Bauler och als zweete Riedner wäert eropkommen a sech ëm d'Theemen Digitalisatioun, Economie, Energie, Finanzplaz a Staatsfinanze wäert këmmere.

Elo ass et wichteg, dass mer als Éischt eis mam Kontext auserueesetzen, an deem mer eis befannen, an analyséieren, wat déi grouss Defie sinn, déi et ze meeschtere gëllt.

Wéi mer alleguer wëssen, liewe mer geopolitesch a ganz onprevisibelen Zäiten. Dat beaflosst direkt déi europäesch an déi national Economie. Eist klengt an oppent Land reagiert op verschidde Schocke vill méi sensibel wéi aner Länner dat maachen.

Den éischten Inflatiounsschock aus de leschte Joren, deen huet eis an den Zäite vun der Pandemie getraff. Kuerz duerno ass de Krich an der Ukrain ausgebrach, deen d'Energiekris ausgeléist huet an eng weider Inflatiounswell mat sech bruecht huet.

Dank de Mesüeren aus de verschiddene Solidaritéitspäck, déi ënnert der viregter Regierung an d'Liewe geruff goufen an zum ganz groussen Deel mat der Ënnerstützung vum ganze Parlament ëmgesat gi sinn – an ech zielen do op: d'Energiehëllef fir d'Betriber, d'Eropsetze vum soziale Mindestloun a vum Steuerkredit fir Monoparentallen, de Gas- an de Stroumpreisdeckel, d'Upassung vun der Steiertabell –, all déi Mesüeren hunn derzou bäigedroen, dass mer d'Inflatioun hei zu Lëtzebuerg relativ gutt am Grëff gehalen hunn an dass d'Inflatioun hei zu Lëtzebuerg zu deenen niddregsten an der Europäescher Unioun ziele kann.

De Statec hat am November d'lescht Joer fir dëst Joer eng Präisdeierecht vun 2,6 % virausgesot, mee déi gëtt elo bedéngt duerch d'Baisse vun de Pétrolspräisser op 2,2 % geschat.

Viru Kuerzem ass Lëtzebuerg op der aachter Plaz vum World Happiness Index gelant. Ee vun den Indicateuren, déi zu dësem gudden Placement bäidroen, ass déi héich Kafkraaft, déi hei am Land bäigehale konnt ginn.

An deene Krisejoren, déi hannert eis leien, ass d'Kafkraaft vun alle Quintilen, déi e Revenu hei zu

Lëtzebuerg huet, net erofgaangen. Dat war alles anescht ewéi verständlech, wann ee sech d'Situatioun soss an Europa an an der Welt während där Zäit ukuckt.

Dëst beweist, dass déi enorm budgetär Efforte vun der viregter Regierung am Zesummespill hei mam Parlament – och wann et net ganz einfach war – hir Friichte gedroen hunn an d'Leit an d'Betribler ganz kloer an dese schwierigen Zäiten ënnerstëtzt hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Déi verschidde Mesüeren aus de leschte Jore waren néideg, mee si hunn eis och eppes kascht. Mee evidenteweis ass och do e staarken Impakt op d'Staatsfinanze gewiescht an nach ëmmer. Mee wat hätt et kascht, wa mer déi Efforten hei net gemaach hätten? Wat hätt et kascht, wa mer d'Familien an d'Betribler net ënnerstëtzt hätten? Wéi vill hätt et kascht, wa mer d'Leit massiv am Chômage erëmfonnt hätten?

Déi rasonabel Finanzpolitik an de Jore virun der Kris huet eis et erlaabt, an deene schwierigen Zäiten déi néideg Marge de manoeuvre ze behalen, jo, dee sougenannte Spurt, vun deem ëmmer geschwat gëtt.

Nieft der Präisdeierecht hunn och déi héich Zënse vill Leit a Betribler a Schwierigkeete bruecht. Virum allem um Logementsmarché hu sech d'Auswierkunge vun der Zënshausse duerch d'Zentralbank ganz gutt bemierkbar gemaach. D'Wirtschaft ass am Groussen a Ganzen doduerch och ofgebremst ginn, mam Resultat, dass d'lescht Joer déi ekonomesch Aktivitéit zeréckgaangen ass.

Déi gutt Noriicht ass awer déi, dass de Stateg fir 2024 vun enger Croissance vun 2 % fir Lëtzebuerg ausgeet. Fir Lëtzebuerg ass dat e moderate Wuesstum, mee domat leie mer awer nach ëmmer daitlech iwwert de Schätzung vum der Eurozon, wou e Wuesstum vun 0,6 % virusgesot gëtt.

Och wann aner Leit heibannen dat vläicht anescht gesinn, wëll ech soen, am Numm vu menger Partei, dass de Wuesstum wichteg ass. De Wuesstum ass de Garant fir e staarke Sozialstaat.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | D'Beschäftegung soll 2024 just ëm 1,3 % wuessen, am Verglach dozou louch den Taux 2022 bei 3,4 %. An de Chômagetaux, do gëtt virgesinn, dass en dëst Joer vu 5,2 op 5,9 % klamme wäert.

Et gesäit esou aus, wéi wann déi schwierig konjunkturrell Situatioun, och wann eng Besserung a Siicht ass, eis awer nach eng Zäitche wäert begleeden. Do wéinst ass et wichteg, dass mer och weiderhin Efforte maachen, an et ass wichteg, dass mer eng antizyklesch Politik bedreiwen.

Jo, mir musse weider um Opschwung vun der ekonomescher Aktivitéit schaffen. Wuesstum ass wichteg, mee Wuesstum ass kee Selbstzweck an dese muss qualitativ héichwäerteg sinn. Dofir ass eng vun eisen Haaptmissiounen, déi mer an deem Budget erëmfannen, d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg héich ze halen an d'Defien, wéi d'duebel Transitioun, déi digital an déi ekologesch, ze begleeden, an zwar verstärkt ze begleeden.

Dës Devise gëtt och am PNR ervirgehewen. Lëtzebuerg kennt de Recommandatioun vum der EU-Kommissioun no a mécht Efforte fir d'Entwécklung vun den erneierbaren Energien. Hei setze mer virum allem op d'Solarenergie, d'Fotovoltaik, d'Wandenergie, awer och den Ausbau vum effentlechen Transport.

Eng weider Recommandatioun krute mer gemaach, fir weider géint d'Steierhannerzéiung an de

Blanchiment ze kämpfen. An deem Sënn passe mer scho säit Jore reegelméisseg eis Legislatioun un.

Och am Beräich vun der Schafung vum abordabele Wunraum hu mer verschidde Mesüeren en place gesat, op déi ech spéider wäert ze schwätze kommen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, no deem Iwwerbléck loosst eis elo zum Plat de résistance kommen, nämlech zum Budget u sech.

Jo, de Budget ass en Dokument voller Zuelen, mee et muss ee sech awer virun Aen halen, dass hannert dësen Zuele Mënsche stinn. Wann d'Sozialausgabe mussen an d'Luucht goen, da muss ee sech virun Ae féieren, dass een domadder de Mënschen hei am Land hëllef. D'DP mécht eng Politik, déi no bei de Leit ass. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, an eisen Aen, dass de soziale Volet vun deem Budget, genau wéi an deene leschte Joren, esou staark ass an an absolutten Zuelen och eropgeet. Et ass scho gesot ginn: 47 % vun de Staatsausgabe stelle Sozialausgaben a sozial Transferten duer. Et si Mesüeren, déi virun allem och deene méi vulnerabele Persounen ënnert d'Äerm gräifen an en Zeeche vu Solidaritéit sinn. Dës huele mir méi spéit nach méi genau ënnert d'Lupp.

Ech wëll hei nach eng Kéier ganz daitlech ënnersträichen, dass dese Budget an eisen Ae beweist, dass et e Budget fir d'Mënschen hei zu Lëtzebuerg ass an dass et och e Budget ass fir d'Zukunft hei zu Lëtzebuerg. Et gi keng Sozialleeschunge gekierzt oder gestrach, an et gëtt och keng Politik vum kalen Häerz gemaach!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Dëst gëtt eis vun den Oppositionsparteien un de Kapp gehäit. D'Mesüeren an d'Zuele schwätzen awer eng ganz aner Sprooch.

Als DP sti mer fir eng Politik mat de Leit a fir d'Leit. Eng Politik, déi net ee géint deen aneren ausspillt, mee déi Brécke baut, eng Politik, an där de sozial-liberale Fueдем weidergesponne gëtt a sozial Onge-rechtegkeete bekämpft ginn. Mir gesinn eng staark a gesond Wirtschaft net als Selbstzweck, mee et ass fir eis de Garant fir e staarke Sozialstaat, fir gutt ausgebaut Infrastrukturen a fir eng héich Liewensqualitéit vun alle Biergerinnen a Bierger hei am Land.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, zu de Staatsfinanzen.

Zu enger staarker a gesonder Wirtschaft, a mir hunn et gëschter héieren, gehéiert och eng staark Finanz-plaz. A wie „kompetitiv Finanzplatz“ seet, dee schwätzt och séier vu Kreditwierdegkeet. An hei si mer, mengen ech, säit ganz laange Joren zu Lëtzebuerg ganz gutt opgestallt, well mer säit ganz laange Joren den Triple-A hei zu Lëtzebuerg hunn, behalen a verteidegen. Mee gesond Staatsfinanze sinn eng Viraussetzung heifir.

Da loosst eis emol e Bléck op déi aktuell Situatioun vun de Staatsfinanze werfen. Wéi Der alleguer wësst, huet déi viregt Regierung immens vill gelescht, fir déi verschidde Krisen, mat deene mer konfrontéiert waren, ze meeschteren, hinnen entgéintzewirken an de Menagen an de Betribler ze hëllef.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Dëst reflektéiert sech natierlech och elo an de Staatsfinanzen.

Déi Efforten, déi gemaach gi sinn, déi waren net punktuell, mee déi hu sech iwwer eng Rei Budgetsjore gezunn. A si zéie sech och nach duerch d'Joer 2024. De Staatsdefizit louch 2023 den aktuellen Zuele vum Stateg no bei ongeféier 2,3 %. An den Defizit am Zentralstaat soll och bei 2,3 % bleiwen.

Zu der Staatsschold: Dës louch 2023 bei 25,2 %, a soll dëst Joer op 26,5 % eropgoen.

D'DP-Fraktioun steet, wéi mer et ëmmer gesot hunn an och ëmmer gemaach hunn, weider zu enger responsabler Finanzpolitik. Wéi et am Koalitionsaccord virgesinn ass, begrësse mer och, dass sech an deem Kader fir d'Mise en place vun enger soutenabeler Trajectoire fir d'Staatsschold agesat gëtt.

Wat d'Projection pluriannuelle vun der Staatsschold ugeet, ass virgesinn, dass dës am Joer 2026 op 27,3 % soll klammen, a sech fir dat Joer drop och op deem Niveau soll apendelen. Mir bleiwen also de Projektionen no kloer ënnert den 30 %.

Mir wäerten eis och an Zukunft derfir asetzen, dass mer déi nohalteg Trajectoire bäibehalen an dobäi déi néideg Ressourcen zur Verfügung stellen, fir d'Land op d'Zukunft ze preparéieren, andeems mer eis Infrastrukture weider ausbauen an erneieren an deem groussen Defi vun der duebeler Transitioun nokommen. Dat sinn d'Ziler, déi fir d'DP net kënnen a Fro gestallt ginn.

Et gëtt verschidde Plazen, wou net ka gespuert ginn. Et gëtt verschidde Plazen, wou net därer gespuert ginn. Zemoos wann et drëm geet, genau déi ze ënnerstëtzen, déi eis Hëllef am meeschte brauchen an déi och am meeschten ënnert der Kris vun de leschte Jore gelidden hunn. De Kolleeg André Bauler wäert muer a senger Interventioun nach emol in extenso op d'Situatioun an de Staatsfinanzen agoen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Budget fir 2024 steet fir eng antizyklesch Politik. Dat heescht, mir dierfen d'Investissementer oder déi grouss Infrastrukturprojeten net op Äis leeën. Mee genau de Contraire ass dat, wat mer brauchen a wat mer maachen, nämlech: héich Investissementer fir eis Infrastrukturen, fir de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, fir d'Aarmut ze bekämpfen, fir d'Land weider ze moderniséieren, fir d'Liewensqualitéit weider auszebauen, awer och fir eis Betribler um Lafen ze halen an hir Aktivitéit nees unzekuerbelen.

D'Zukunft preparéieren heescht och, haut schonn d'Infrastrukture vu muer ze plangen. Dat mécht d'Regierung duerch en ambitiösen Investitiounsprogramm. 2024 sollen d'Investissementer ëm 9,7 % eropgoen. An da leie se konkret bei 4,4 % vum PIB. Dëst sinn Investissementer an d'Betribler, an d'Leit, an d'Education vun eise Kanner, d'Digitalisatioun, den Ëmweltschutz, de Logement – kuerz gesot: an eis Zukunft.

Loosst eis mol am Detail kucken, wat an deene verschiddene Ressorten an Zukunft investéiert gëtt.

Wéi jiddwereen heibanne weess, ass de Klimawandel eppes, wat eis alleguer betrëfft. Zumools am Fréijoer fällt et mir immens op, well ech ganz gär mat mengem Hond en Tour an de Bësch oder bei d'Bëscher maache ginn. An d'Leit, déi do e bësse méi genau kucken, déi mierken, dass eis Bëscher vu Joer zu Joer méi krank ginn. Just nach 20 % vun de Bëscher zu Lëtzebuerg si ganz gesond. Dat läit, ënner anerem an deene ganz dréchene Summeren, laange Summeren, wou et dréche war a wou och de Borkenkäfer sech konnt breetmaachen.

Eis Bëscher musse méi resistent gi fir de Klimawandel. An ech sinn der Meinung, dass mer musse ganz grouss Efforte maachen, fir nei Beem unzeplanzen. Beem, déi klimaresistent sinn. Well mir wëssen, dass verschidde Beem et einfach net méi an eise Géigende packen. Da musse mer eebe Beem planzen, wou mer wëssen, dass se och mam Klimawandel kënnen eens ginn. An eisen Ae sinn Investissementer an deem Beräich onëmgängelech, fir d'Natur weider ze schützen a



fir och eise Kanner a Kandskanner eng liewenswäert Natur, eng liewenswäert Welt ze hannerloossen.

Et gëllt, d'Jalonen, déi an de leschte Jore mam PNEC gestallt gi sinn, mam Abezéie vun de Bierger am Klima-Biergerrot, mat den Hëllef bei de Sanéierung vum Gebaier, awer och mam Ausbau vum den erneierbaren Energien, ëmzesetzen. Och den ëffentlechen Transport muss weider ausgebaut ginn. D'Dekarboniséierung vum Transportsecteur, dee ronn zwee Drëttel vun den Emissiounen ausmécht, ass fir eis en essenziell Uleies. An deem Sënn mécht d'Demokratesch Partei se staark fir e gutt funktionéierenden ëffentlechen Transport.

D'Mobilitéitsnetz stäerken: Och dat ass am Budget 2024 virgesinn. Do gëtt op nei Infrastrukture gesat, wou massiv investéiert gëtt, awer och a Multimobilitéit. Pardon, dat ass iergendwéi e Wuert, dat ech ni erauskréien: „Multimodalitéit“! Bon, et ass och „Multimobilitéit“.

Iwwert déi nächst véier Joer solle ronn 1,8 Milliarden an de Fonds des routes investéiert ginn an 2,5 Milliarden an de Fonds du rail, fir eist Schinnennetz auszubauen. Den Tramsreseau, deen an eisen Aen e ganz grouse Succès huet, soll och weider am Plan national de mobilité virgesi ginn a vergréissert ginn. Dëst Joer nach, Enn dëses Joers, wäert den Tram bis op de Stadion rullen an ufanks d'nächst Joer, am Fréijoer, bis op de Findel.

A mir haten elo viru Kuerzem weider Finanzéierungsgesetzter hei an der Chamber, déi mer ugehall hunn. Do geet et ëm d'Extenssioun vum Tram bis op Holle-rech an iwwert de Boulevard Konrad Adenauer. Dëst wäert et nach eng Kéier de Leit erlaben, an der Stad méi séier vun A op B ze kommen an do och Zäit ze spueren.

An elo kënnst d'Wuert nach eng Kéier ...

(Hilarité)

Multimodal heescht: d'Vëlosweeër ausbauen, den ëffentlechen Transport ausbauen. Mee eis Stroosse mussen awer och ausgebaut ginn, well mer awer wëssen, dass mer net derlaanscht kommen an dass vill Leit op den Auto ugewise sinn. Den Auto huet heiansdo keng Alternativ, virun allem fir Leit, déi am Osten an am Norde vum Land wunnen.

Verschiede Projete wëlle mir dann natierlech an deem Sënn weiderfinanzéieren, wéi de Contournement vun der Dippecher Gare oder de Contournement vun Housen, wou ech e Samschen zoufällegerweis do uewe war. An do muss ech soen: Et ass impressionnant, wat do scho geleescht ginn ass! Et ass awer och d'Securisation vum der N7 tëschent dem Fridhaff a Wäiswampech. Et ass d'Ettelbrécker Gare. Et ass awer och den Ausbau op zweemol dräi Spuere vun der A3 an och vun der A6.

An der Energiepolitik muss awer déi nächst Joren un éischter Stell den Ausbau vum den erneierbaren Energie stoen. Wéi dat och am PNR steet, sinn an eisen Aen hei massiv Investissementer onëmgänglech, fir Lëtzebuerg schnellstméiglech klimaneutral ze maachen an esou eis Ofhängegkeet vun Energieimporter ze reduzéieren.

Mir müssen an den nächste Jore richtig Gas ginn – entschëllegt deen Ausdrock – beim Ausbau vum den erneierbaren Energien, an dat geet nëmme, wa mer anstänneg Suen an de Grapp huelen. Investitiounen a Wand a Sonn sinn donieft net nëmme gutt fir d'Klima, mee och fir de Portmonni.

Duerch attraktiv Subside sollen d'Leit weider ënnerstëtzt ginn, fir hiren eegene Stroum ze produzéieren. A fir ze verhënneren, dass héich Investitiounen d'Leit dervun ofschrecken, dëse Schrëtt ze maachen, si mer

ganz frou, dass eis Iddi vun der Virfinanzéierung et an de Regierungssaccord gepackt huet.

Jo, mir müssen d'Leit alleguer mat op de Wee vun der Transitioun huelen. Mee net all Mënsch kann 20.000 oder 30.000 Euro fir déi energieatesch Sanéierung vu sengem Haus op den Dësch leeën! An dofir ass et wichteg, dass mer dee Projet, fir de Leit déi Sue virzestrecken, séier un d'Lafe kréien!

Une voix | Très bien!

**M. Gilles Baum (DP)** | Bei den neie Gebaier, do soll d'Fotovoltaik Standard ginn. Och dat ass eng vun de wichtegsten Erausforderungen, déi mer als Regierung wëllen ëmsetzen.

Dat Wichtigst ass awer, mengen ech, dass déi zwou Regierungsparteie sech an der Philosophie eens sinn: ambitiéis a pragmatesch! Nëmme esou kréie mer genuch Tempo, fir eis Zilsetzungen ëmzesetzen. Nëmme esou brénge mer et och fäerdeg, d'Leit alleguer mat op de Wee ze huelen.

Här President, Kolleginnen a Kollegeen, héijen Tempo brauche mer och an der Logementspolitik, well zu enger gudder Liewensqualitéit gehéiert virun allem, dass ee sech en Dag iwwert dem Kapp ka leeschten. Eng Suerg, déi leider net nei ass.

De Logementsproblem ass eng Problematik, déi vill Leit betrëfft, souwuel déi Jonk wéi déi Al. Ech denken un déi Leit, déi net méi schaffe ginn a bei deenen d'Pensioun net duergeet, fir de Loyer nach ze bezuelen. Ech denken un déi jonk Leit, déi sech keng éischt Wunneng finanzéiere kënnen. Ech denken un déi schaffend Koppel mam Mindestloun, déi kaum iwwert d'Ronne kënn. An ech denken un déi alengerzéind Elteren, déi duerch den héije Loyer um Enn vum Mount och näischt méi Rescht hunn. De Logementsproblem zitt sech säit Joren a Joerzénge, an en zitt sech mëttlerweil bis an d'Mëttelschicht eran. Dat ass leider déi batter Realitéit.

D'Liewensqualitéit kann net geséichert ginn, wa mer dës Problem net léisen. Dofir begrësse mer, dass d'Regierung a kuerzer Zäit schonn e Paquet Logement, e Gesetzesprojet, op de Wee bruecht huet mat engem ëmfaassende Pak vu Mesürene, fir de Marché vum Logement souwuel kuerz- wéi och mëttel- a laangfristeg mat enger Rei u Mesürene ze redynamiséieren.

Dës Mesürene hunn en dräifacht Zil. Éischters d'Stäerkung vum Bau- a vum Handwierssecteur, fir Aarbechtsplazen ze erhalen, zweetens d'Erhéijung vun der Wunnengsoffer an drëttens d'ënnerstëtzung fir Privatpersounen, déi eng Wunneng wëlle kafen oder lounen.

Dozou gehéiere steierlech Mesürene, déi zäitlech, awer och deelweis am Montant begrenzt sinn, wéi d'Erhéije vum Taux an der Dauer vum Amortissement accélééré, awer och d'Schafe vum bëllegen Akt fir Locatiounswunnengen.

Et sinn eng Rëtsch vu Sozialmesürene um Niveau vun den individuellen Hëllefem am Logement an am abordabele Wunnraum virgesinn, déi ech besonnesch erhir... ervirhiewe wëll, well se der DP um Häerz leien. Ech mengen, et gëtt awer Zäit, dass ech eng Schlupp huelen.

(Interruption)

Et ass jo och schonn 11.15 Auer.

(Hilarité)

(M. Gilles Baum se verse un verre d'eau.)

Ech kommen zeréck zu de Mesürene am Logement. De Plaffong vun den individuellen Hëllefem wäert ugepasst ginn, fir dass méi Leit heivunner kënnen profitéieren.

De Plaffong fir d'Menagé mat Kanner klëmmt, ofhängeg vun der Unzuel vun de Kanner, zum Beispill ëm 8 % bis 25 %.

De Plaffong vun der Subvention Loyer: Do kritt een am Moment fir ee Kand 40 Euro, an dat gëtt eropgesat op 80 Euro pro Kand. Et gëtt also verduebelt.

Och de Plaffong vun der Prime d'accession à la propriété, d'Eigenheimzulage, gëtt ugepasst. Mat dëser Uppassung gëtt d'Unzuel vun den eligibele Menagen ëm 59 % erhéicht a gläichzäiteg och d'potenziell Unzuel vun de Beneficiairë vun enger Prime d'épargne, well et sech hei ëm eng Zousazprim vum der Prime d'accession à la propriété handelt.

Opgrond vun den héijen Zënssätz op den Immobiliekreditter gëtt de maximale Montant vun der Subvention d'intérêt, deen am Moment bei 2,45 % läit, op 3,5 % gehéicht. Dës Moosnam gëllt souwuel fir déi nei wéi och fir déi lafend Prëten. Den Akommesplaffong fir dës Subventioun soll ugepasst ginn.

Mir wëllen de Kaf vun abordabelem Wunnraum a vu Wunnraum à coût modéré, dee vun engem ëffentlechen Träger geschafe gouf – sief dat d'Gemeng, sief dat d'SNHBM, sief dat de Fonds du logement – weider massiv ënnerstëtzen. Jo, mir müssen als ëffentlech Acteuren un engem Strang zéien, fir weider abordabele Wunnraum ze schafen!

De Staat brauch méi Wunnraum och a sengem Parc immobilier. Dofir begrësse mer als Demokratesch Partei den ambitiéis VEFA-Program, dee verlängert an ausgebaut gëtt. Dës Moosnamen erlaben et net nëmme, de Parc immobilier vum Staat, wat den abordabele Wunnraum ugeet, schnell an effikass ze erhéijen, mee en erlaabt et och, de Bausecteur konkreet ze ënnerstëtzen.

Aktuell huet de Staat sech verpflichtet, 170 Wunneenheete fir ronn 110 Milliounen unzeschaffen. Dozou kënnst eng weider Enveloppe financière pluriannuelle, 2024–2028 (veuillez lire: 2024–2027), vu 480 Milliounen, wat ongeféier 800 weidere Wunneenheeten entsprécht.

D'Demokratesch Partei huet an deene leschte Joren eng ganz Rei vu konkreeten Iddien am Logement proposéiert. Dozou gehéieren den nationale Biergerfong, fir d'Awunner aktiv an de Finanzement vu Wunnenge mat anzebezéien, eng steierfräi Mietprämie, d'prioritär Mobiliséierung vun ëffentlechen Terrainen, d'Beschleunegung vun de Prozeduren duerch den Accord tacite. Dat sinn nëmme e puer Iddien aus enger laanger Lëscht. Verschiedener goufen ëmgesat, anerer wäerte mer konkreet upaken.

Här President, wéi scho gesot wäert de Kolleg André Bauler a sengem Bäitrag op d'Ekonomie agoen. Erlaabt mer awer just op dëser Plaz e kuerzt Wuert zum Budgetrapport, wou mer als DP-Fraktioun eng aner Vue hu wéi déi, déi am Rapport steet. An et geet ëm d'SNCI, d'Société nationale de crédit et d'investissement.

D'SNCI spillt e ganz wichtige Rôle bei der ënnerstëtzung vu politeschen an ekonomesche Prioritéiten. Fir d'Betriber a hiren Efforten ze begleeten, fir déi duebel Transitioun unzagoen, dat heescht d'Dekarboniséierung an d'Digitalisatioun, ass d'SNCI den zentralen Acteur.

Ouni Investissementer an dës Beräicher an enger Welt vu muer, ouni Dekarboniséierung, ouni Digitaliséierung, ouni Keschtlech Intelligenz wäert e Betrib an Zukunft net kënnen iwwerliewen. Dofir ass et wichteg a richtig, dass d'SNCI weider Moyenen doranner stécht, fir besonnesch d'PMEen ze begleeten a Produiten ze developpéieren, déi den Invest an dës Technologien encouragéieren. Hei hunn de Staat an d'SNCI eng Mammutaarbecht viru sech. An ech si frou ze gesinn, dass scho massiv an déi do Richtung geschafft gëtt.



Och am Logement huet d'SNCI a Krisenzäiten e Rôle. An dat ass dee fir ze hëllefen, de Wunnengsbau weider um Lafen ze halen. Well all Wunneng, déi haut net gebaut gëtt, déi wäert an Zukunft duebel oder dräifach feelen. Dofir ass et richtig, un Instrumenter mat anere Banken zesummenzeschaffen, fir de Bau ze encouragéieren.

Ob elo awer d'SNCI soll Aufgaben am Beräich vun de Particulieren iwwerhuelen, dat woen ech ze bezweifelen. Mir géifen nämlech do riskéieren, en Double emploi ze maachen. An ech bezweifelen och, dass dat géif zu enger Simplification administrative bäidroen. Mir hu schonn Instrumenter wéi d'Klimabank, mir hunn d'Logementsaiden, déi en place sinn, fir de Leit beim Kaf a bei der Renovéierung ze hëllefen.

Den Ekonomie- an den Ëmweltminister schaffen un engem Modell fir d'Virfinanzéierung – ech hunn et scho gesot – vun de Klimaaiden, fir eebe genau sécherzestellen, dass d'Privatleit net méintelaang oder jorelaang mussen op hire Subsid waarden, zum Beispill fir eng Fotovoltaikanlag. Ech mengen, dass dat dee richtigen Usaz ass, an dee solle mer och konsequent weiderfuere, well dat ass wichteg. Et ass e wichtegt Pëselstéck vun der Energietransitioun, fir déi méi sozial gerecht ze gestalten.

**Une voix | Très bien!**

**M. Gilles Baum (DP) |** Kolleginnen a Kollegen, mäi Virriedner huet et gesot an et ass vun de Kollegee vun der Opposition och leschte Samschdeg gesot ginn, et wär näischt am Budget, wat sozial wär, et wär näischt, wat fir d'Aarmutsbekämpfung am Budget wär. Ech wäert elo konkret besonnesch op d'Mesüren, déi am Max Hahn sengem Familljeministère sinn, agoen an Iech dat da widerleeën. Ech freeë mech awer dann de Mëttel an den Debat vun de Kollegee vun den Oppositionsparteien.

D'DP stoung ëmmer a wäert och an Zukunft fir de sozialen Zesammenhalt stoen. De Budget 2024, wou-vun, wéi scho gesot, bal d'Hallschent, 47 %, an de soziale Volet fléissen, steet fir eng Politik vun der Solidaritéit, eng Politik, déi de Vulnerabelsten am Land hëllefen, se net am Stach léiss an déi d'Zesummeliewen hei am Land stärke wäert.

Dëst hu mer direkt ufangs des Joers bewisen: Fir d'Kafkraaft vun de Leit weider ze stäerken, gouf d'Steuertabell direkt ëm véier Indexranchen ugepasst. An deem Sënn ginn d'Mesüren, déi duerch de Sozialdialog vun de leschte Jore festgehalen goufen, weidergefuert. Et goufen och nei Mesüren an d'Weeër geleet, wéi déi um Bausecteur, déi ech Iech elo grad opgezielt hunn.

Well d'Energiekrëis virun allem déi méi vulnerabel Persounen betrëfft, ginn d'Aiden, déi den Iwwer de Sozialdialog festgehalen goufen, och 2024 an de Wunnstrukture fir eeler Leit weidergefuert. Heizou gehéiert d'Prime d'énergie, den Équivalent crédit d'impôt, awer och d'Finanzéierung vum Surcoût énergétique.

Elong d'Käschte vun de Mesüren aus dem Solidaritéitspak 3.0 fir d'Joer 2024 ginn op 12 Milliounen, pardon, 12 Milliarden, nee, pardon, 1,2 Milliarde geschat. Mäi Printer hat hei en Aussetzer.

Mir si ganz houg, dass de Familljeministère d'Enveloppe fir d'Beräicher vun der Famillie, vun der Inklusioun, vum Zesummeliewen a vum Accueil am Verglach zu 2023 ëm 10 % erhéicht huet. De Montant vun dëser Enveloppe, der Enveloppe vum Familljeministère, läit elo bei 2,4 Milliarden Euro fir déi Beräicher, déi ech Iech elo genannt hunn. An ech menge wierklech net, dass do ka vun enger Politik vum kalen Häerz rieds goen. An ech wäert Iech dat och elo méi am Detail auserneeleeën.

Dëst ass e Budget fir méi sozial Mesüren, e Budget, fir d'Aarmut méi staark ze bekämpfen, e Budget fir méi

Inklusioun, e Budget fir méi interkulturell Zesummeliewe fir jiddwereen, fir dass jiddereen an eiser Gesellschaft seng Plaz fënn a fir dass keen ausgeschloss gëtt.

Am Kader vun der Aarmutsbekämpfung setze mer op Mesüren, déi géint d'Prekaritéit an déi sozial Exklusioun virginn. Zu der Aarmutsbekämpfung gehéiert natierlech och, an ech hunn et virdru gesot, dass een de Leit hëllefen, en Dag iwwert dem Kapp ze kréien. Am Juni 2021 huet Lëtzebuerg d'Deklaratioun vu Lissabon ënnerschriwwen, fir d'Zil vum Zéro sans-abrisme bis 2030 ze erreechen. A fir dat ze erreechen, sollen am Budget 2024 verschidden nei a scho bestoend Initiative weidergefuert ginn, wéi zum Beispill d'Offer fir d'Leit sans abri an d'Luucht ze setzen, awer och d'Strategien Housing Led an Housing First ze promouvieren.

Eis Fraktioun begréisst natierlech dës Offeren, déi och de Laangzäitobdachlose wäert ënnert d'Äerm gräifen. Fir d'Finanzéierung heivun ass eng Enveloppe vu ronn 45 Milliounen virgesinn, dat ass e Plus vu 7 Milliounen par rapport zum leschte Joer.

Et dierf een net vergiessen, dass zu de vulnerabele Persounen och oft déi eeler Leit gehéieren. Eng gutt Liewensqualitéit muss och am héijen Alter garantéiert sinn. An deem Sënn maache mir eis staark, fir d'Qualitéit vun de Services vun den eelere Leit weider ze verbesseren. Dëst spigelt sech erëm a verschiddene Mesüren, déi am neie Qualitéitsgesetz dra sinn, dat den 1. März a Kraaft getrueden ass. D'Zil heivun ass et, d'Qualitéit an och d'Transparenz bezüglech de Services an de Prestatiounen an de Wunnstrukture fir eeler Leit ze verbesseren. Dëst soll duerch 14 Milliounen Euro finanzéiert ginn. Dat ass och e Plus vun 10 %.

Zu enger inklusiver a gerechter Gesellschaft gehéiert awer och d'Chancéglichheet. Dat ass essenziell, fir de soziale Friden hei am Land ze garantéieren. Déi Leit, déi sech an enger benodelegter Situatioun befannen, jo, déi e méi schwieregt Schicksal erdroe mussen, déi Leit mussen mer och weider méi staark ënnerstëtzen. Kell soll an eiser Gesellschaft ausgegrenzt ginn a kee soll net kënnen matbestëmmen. Dofir setze mir eis fir eng Gesellschaft ouni Barriären an. D'Accessibilitéit, d'Verbetterung vun der Accessibilitéit fir d'Leit mat engem Handicap gehéiert do zu den Haaptprioritéiten.

Als DP-Fraktioun begrësse mer, dass weider méi Efforte gemaach ginn, fir d'Implementatioun vun der Behënnertrechtskonventioun weider ze fërderen. An deem Sënn si ronn 66 Milliounen Euro fir de Revenu vu Leit mat engem schwéieren Handicap virgesinn.

Eng wichteg Roll spillt heibäi d'Accessibilitéitsgesetz, dat den 1. Juli a Kraaft getrueden ass. Et huet als Zil, dass sech jiddweree bis spëttstens 2032 iwwerall am ëffentleche Raum autonom ka beweegen. An deem Kader stinn och an dësem Budget bal 12 Milliounen Euro fir staatlech Subventiounen.

Ausserdeem soll dat autonomt Wunne vu Persounen mat Handicap duerch Projete wéi de Logement autonome sécuriséis gefërdert ginn.

Den FNS, de Fonds national de solidarité, läit dëst Joer bei 428 Milliounen Euro. Dat ass eng Hausse vun 13 %. Dat si 428 Milliounen Euro, fir déi ze ënnerstëtzen, déi et an dës schwéieren Zäite besonnesch schwéier hunn an déi op Hëllef ugewise sinn. Vun dëser Enveloppe sinn ënner anerem 62 Milliounen virgesi fir d'Allocation de vie chère an 230 Milliounen fir de REVIS. Dat ass beim REVIS eng Hausse vu 36 Milliounen Euro, plus 19 % par rapport zum leschte Joer.

All dëst si fir Mesüren, déi geduecht sinn, fir déi benodelegt Stéit ze ënnerstëtzen. Mee finanziell

Mëttelen eleng ginn net duer. Mir brauchen och déi passend Infrastrukturen.

An dësem Beräich spigelt sech also déi allgemeng ambitionéiert Investitiounspolitik vun dësem Budget erëm. D'Enveloppe fir den Ausbau vun den Infrastructures socio-familiales ass op 50 Milliounen chiffriert ginn. Dat ass eng Hausse vun 43 % par rapport zum leschte Budget.

Mee mir brauchen och Leit. Mir brauchen och Leit, déi eng Hand mat upaken, wann et drëm geet, Familljen am soziale Wunnengsberäich ze begleeten, awer och, fir Moolzechten u Leit sans abri ze verdeelen. Dofir stellt de Familljeministère am Joer 2024 deene verschiddenen Acteuren, mat deene si eng Konventioun ënnerschriwwen hunn, finanziell Mëttelen zur Verfügung, fir 70 nei Posten am Domaine socio-familial ze schaffen.

Eng inklusiv Gesellschaft ass eng Gesellschaft, an där d'Leit och onofhängeg vun hirem kulturellen a sozioekonomeschen Hannergrond gutt zesummeliewen. Zanter dem 1. Januar 2024 ass d'Gesetz iwwert d'interkulturell Zesummeliewen a Kraaft. E puer Instrumenter, déi dozou dëngen, e bessert Zesummeliewen ze schaffen, sinn de Pacte citoyen, de Pacte communal, de Programme du vivre-ensemble interculturel wéi och en neien Aktionsplang. An dësem Kader ass de Budget fir d'Zesummeliewen ëm 45 % geklommen an e läit elo bei 10,5 Milliounen.

Wa mir vu guddem Zesummeliewe schwätzen, dann heescht dat an der Gesellschaft, awer och an der Famill. D'Familljepolitik ass eppes, wat der DP ganz besonnesch um Häerz läit. Et ass dee Ressort, deen eis erlaabt, en direkte positiven Impakt op d'Leit ze hunn, op d'Suerge vun de Bierger a Biergerinnen anzegoen an hire Besoinen entgéintzekommen.

An d'Zukunftskeess fléissen dëst Joer 1,48 Milliarden Euro, dat ass e Plus vu 7 % – Dir hutt opgepasst, mäi Printer huet hei net gestreikt. Dës Sue finanzéieren ënner anerem de Congé parental, d'Prime de naissance an d'Allocation familiale.

De gréissten Deel fléisst awer direkt un eis Kanner. 71 % vun dëser Zomm representéieren d'Kannergeld a laut dem Familljeministère geet d'Unzuel vun de Beneficiairen all Joer ëm ongeféier 1 % an d'Luucht. An et ass mer wichteg, hei ze betounen, dass déi Sozialleeschungen, vun deenen ech elo geschwat hunn, indexéiert sinn an an Zukunft och indexéiert bleiwen!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Gilles Baum (DP) |** Zum Schluss muss ech nach betounen, dass Sozialhëlfe just hiren Zweck erfëllen, wa se och an Usproch geholl ginn. Wann dëst net de Fall ass, da kënnen souguer déi bescht Sozialhëlfele an déi bescht Sozialstrukturen de Leit net zeguttkommen. An et ass awer alarmant, dass eng rezent LISER-Etüd festgestallt huet, dass just 40 % vun de Leit, déi et kéinten, och effektiv op d'Allocation de vie chère zrëckgräifen. An et ass nach méi alarmant, dass d'Subvention loyer vu just 20 % vun de Leit, déi an de Genoss kéinte kommen, an Usproch geholl gëtt.

Géint den héijen Taux de non-recours muss konsequent gehandelt ginn. D'Ursaachen heifir si multipel. D'Leit sinn entweder net genuch informéiert, se hunn Angscht virun der Stigmatiséierung oder d'Demarché sinn hinnen ze komplizéiert.

Wéi et am Koalitionsaccord virgesinn ass, wäerte mir d'Méiglechkeet vun engem Guichet social oder engem Dossier social partagé aféieren. D'DP begrësst schonn emol d'Intentioun vum Familljeministère, unhand vun Informations- a Sensibiliséierungscampagnen d'Leit iwwert déi aktuell an déi zukünftige Mesüren ze informéieren, déi hinnen zur Verfügung stinn.

Voilà, ech hunn elo probéiert hei duerzeleeën, dass dës Regierung absolutt keng Politick vum kalen Häerz mécht, dass eppes gemaach gëtt géint d'Aarmut. Wéi gesot, ech freeë mech op den Debat vum de Mëtteg.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci vilmools, Här Baum. A leschte Riedner fir haut de Moien ass déi honorabel Madamm ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech hunn net gesot, ech wär zum Schluss komm!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | O, pardon! *(Hilarité et brouhaha)*

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech weess, dass Der Iech dat elo wënscht!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Ech lauschten Iech nach gären no, Här Baum.

*(Interruptions)*

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech weess, dass Der Iech dat wënscht, mee ech kann Iech jo awer net virun der normaler Zäit an d'Mëttespaus entloossen. Esou geet dat awer net!

Sou, Här President ...

*(Interruption et brouhaha)*

Jo, nee, nee, nee. Dat huele mer dann no.

Wann et ëm den Zesammenhalt vum der Gesellschaft geet, da spillt och d'Kultur e wichtege Rôle. Zu engem Moment, wou an anere Länner bei der Kultur de roude Bic ugesat gëtt, ass et wichtig ze erkennen, dass dës Regierung de Wäert vum der Kultur als essenzielle Bestanddeel vum eiser Gesellschaft an als wichtege Pilier vum perséinleche Wuelbefanne respektéiert.

D'Kultur verbënnt, beräichert an inspiréiert, si ass Dreier vu Kreativitéit an Innovatioun an eise Land. A mir begreifen dofir, dass d'Dotatioun vum der Kultur am éischte Budget vum dëser Regierung konsequent klëmmt. An et geet ee mat grousser Schrëtt op déi symbolesch 1 % vum Staatsbudget duer.

Dat ass e staarkt Zeechen an ënnersträicht den héije Stellenwäert, deen d'Regierung, an ech mengen, mir alleguer heibannen, der Kultur zoukomme loosse. Duerch dës Erhéijung erméigleche mir eise Muséeën, Theateren, Bibliothéiken, awer och der Scène libre, sech besser kënnen opstellen, eis Kulturschafend bei hirer Konscht ze ënnerstëtzen an dat kulturellt Ierwen ze fleegen.

D'Accessibilitéit zu der kultureller Vielfalt läit der DP besonnesch um Häerz an ech mengen, dass mer mam Eric Thill dee richtige Mann hunn, fir dat doten och an den nächste Joren unzegoen.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech kommen zu engem Theema, zu deem ech am léifsten net géif schwätzen, an ech mengen, kee vun eis heibannen! Et ass en Theema, dat an de leschte Budgete vläicht marginal behandelt ginn ass. Et ass e schwierregt Theema, mee et ass en Theema, mat deem mer eis mussen, mengen ech, an den nächste Jore méi auserneesetzen.

Mir liewen an onsécheren Zäite mat engem sech stänneg verännerende geopolitische Kontext, wéi mir en hautdesdaags hunn, an et ass immens schwéier virauszesoen, wat fir Defien an den nächste Jore wäerten op eis duerkommen.

De rezente Krich an Noen Osten, de Krich an der Ukrain hunn eis nach eng kéier virun Ae gefouert, dass mer um internationalen Niveau och mussen eise Bäitrag leeschten, fir eist Land ze schützen.

Fridden a Sécherheet – ech mengen, do wäert Der mat mer averstane sinn –, dat ass d'Fundament vum eise Wuelstand. A mir mussen alles derfir maachen, fir de Fridden an d'Stabilitéit an der Europäescher Unioun ze garantéieren.

Leider ass et esou, dass mer dobaussen an der Welt net nëmme politesch Leaderen hunn, déi dat esou gesi wéi mir. An dofir musse mer drop virbereet sinn.

Ech woen hei eng perséinlech Nott. Ech gesinn d'NATO als staarkt militärescht Bündnis, dat awer och, a mengen Aen, eng ofschreckend Wierkung huet. An ech erlabe mer hei – wéi gesot, et ass ganz perséinlech: Wa mer net esou reagéiert hätten als Westen, wéi mer et gemaach hunn an der Ukrain, ech mengen, da géif haut vun Taiwan kee méi schwätzen.

Mir mussen also eisen Effort vum der Europäescher Unioun ... Mir mussen eisen Effort ausbauen, an d'Defense investéieren, fir dass mer am Noutfall zesammen eis verdeedege kënnen.

Eis Memberschaft an der NATO ass e Garant fir eis Sécherheet. Och hei zielt zu eisen Hauptprioritéiten, eis Contributioun an eisen Effort weider héich ze halen. Bei der Defense däre mer net spueren – woubäi ech weess, an dat ass och hiert gutt Recht, dass Verschiddener heibannen dat anescht gesinn.

De Budget vum der Defense läit dëst Joer bei 696 Milliounen. Dat entsprécht 0,83 % vum PIB oder 1,3 % vum RNB. Eist Zil ass et, op déi 2 % vum RNB ze kommen.

Fir eis national Defense ze stäerken, ass de Budget fir eis Lëtzebuerger Arméi ëm 13 % gewuess, fir op 144 Milliounen ze kommen. An de Fonds d'équipement militaire, do fléissen d'nächst Joer 291 Milliounen dran. A mir weisen och weiderhin – et ass de Moie scho gesot gi vum Här Finanzminister – Solidaritéit mat der Ukrain.

Duerch Instrumenter a Projeten am Beräich vum Espace, vum Loftraum, vum der Cybersecurity, awer och am medezinnesche Beräich, ënnerstëtze mir souwuel eis Arméi wéi och eis Partner an der EU an an der NATO a mir bauen esou eis Verdeedegungs capacitéit aus.

Ech weess, dass Verschiddener heibanne meng lescht Aussoe méi skeptesch gesinn, mee d'Kollegen, déi d'Geleeënheet haten, e Méinden derbäi ze sinn, wéi den Admiral Rob Bauer vum der NATO hei war, oder vläicht déi gëschter Owend de Fernsee gekuckt hunn, déi mierken, dass mer wierklech hei mussen Efforte maachen!

Kolleginnen a Kollegen, en Theema, dat, mengen ech, a kenger Budgetsried däre feelen, dat ass d'Santé. Jiddwereen hei zu Lëtzebuerg huet d'Recht op eng gutt Gesondheetsversuergung. Den Accès zu enger exzellenter Gesondheetsversuergung muss och dowéinst an Zukunft fir jiddweree garantéiert sinn.

De Lëtzebuerger Gesondheetssystem fonctionéiert à la base zimmlech gutt. Et muss ee soen, et ass e System, deen op der Solidaritéit opgebaut ass, a mir sinn nach gutt opgestallt, fir eise Biergerinnen a Bierger déi néideg Hëllef an Traitementen unzibidden. Mee, et ass schonn oft heibanne gesot ginn: Och hei besteet Verbesserungspotenzial. Virun allem um Niveau vum der Penurie vu Gesondheetspersonal an Dokteren.

Laut der ADEM gehéieren zu de Métiers très en pénurie och ganz kloer d'Beruffer vum den Aide-soignant-eën an den Infirmerien. Mee och vill spezialiséiert Doktere feelen hei am Land, wéi zum Beispill Kannerdokteren oder Psychiateren. Dëst ass och d'Hauptursaach vum de laange Waardezäiten, mat deenen d'Patienten oft konfrontéiert sinn.

Ech wëll op dësem Punkt eng kéier zrëckkommen op eng Etüd, déi eis presentéiert ginn ass viru fënnef Joer. Et ass d'Etüd Lair. Déi meescht heibannen, mengen ech, dierfte se kennen. Déi Etüd huet festgehalen, dass a 15 Joer d'Hallschecht vum Gesondheetspersonal wäert an der Pensioun sinn, also net méi aktiv sinn. Déi Etüd ass viru fënnef Joer presentéiert ginn. Also an zéng Joer musse mer eis domat auserneesetzen, dass mer am Gesondheetspersonal an am Fleegepersonal ganz grouss Lacunne wäerten hunn, wa mer et net fäerdegränge fir géigengesteieren.

Natierlech ass dat net e Problem, dee mer vun haut op muer léise kënnen. Mee mir mussen de Problem ugoen. A mir musse generell d'Beruffer an der Gesondheet an an der Fleege, an déi Formatiounen, déi ugebuede ginn, erëm méi attraktiv gestalten an un de Besoin vun haut upassen.

Bei de Studien an dësem Beräich ass et immens wichtig, dass ee genuch Erfahrung um Terrain sammelt. An dowéinst ass et onëmgängelech, an dësem Sënn, d'Kollaboratioun tëschent de Studenten, de Spideeler an de Cabinets médicaux weider auszubauen. An och hei – déi Leit, déi derbäi waren: Mir hate méi wéi eng Entrevue mat Studenten an der Medezinn, déi eis gesot hunn, dass et einfach net interessant ass ... Et ass einfach net interessant, fir op Lëtzebuerg e Stage, e Praktikum maachen ze kommen. Net, well mer net kënnen eppes bidden, mee einfach well och d'Stagé méi schlecht bezuelt si wéi am Ausland. An, Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, dat kann et elo wierklech net sinn!

Méi Gesondheetspersonal, méi Dokteren, heescht och manner laang Waardezäiten a méi Zäit fir d'Personal, fir sech ëm hir Patienten ze këmmen. Fir deene laangen Displacementen vum de Patienten en Enn ze setzen, si mer frou, dass och den Ausbau vum de Maisons médicales haaptsächlech am Osten an am Norde vum eise Land an d'A gefaasst gëtt.

Eng gutt Gesondheet kascht vill Geld. D'CNS ass e wichtege Pilier vum der Gesondheetsversuergung, well all Patient vum de selwechte Remboursementer profitéiere kann. 50 % vum Budget vum der CNS si fir d'Spideeler virgesinn, mee leider ass net ëmmer genau gewosst, wéi dës Budget an de Spideeler agesat gëtt. An dofir begrësse mer d'Intentioun vum der Regierung, de Budget vum de Spideeler méi genau ënnert d'Lupp ze huelen a fir eng méi grouss Effizienz ze suergen.

À propos Geld fir d'Gesondheet: Leider ka sech net all Mënsch hei am Land den Dokter oder d'Medikamenten leeschten. An dowéinst huet dës Regierung sech derfir ausgeschwat, a mir stinn do voll hannendrun, d'Couverture universelle des soins de santé, wéi se elo just als Pilotprojet gelaf ass, no enger Evaluatioun auszubauen. Mir kënnen dat nëmme ënnerstëtzen!

Fir d'DP ass et ganz kloer: Mir sti fir eng qualitativ héichwäerteg Gesondheetsversuergung, déi fir d'Dokteren an d'Gesondheetspersonal an d'Fleegepersonal attraktiv ass, déi awer och d'Prise en charge vum de Patienten optimiséiert. A mir mussen derfir suergen, dass mer nach méi Leit an déi do Beruffer kréien. A mir mussen derfir suergen, dass mer méi Dokteren, déi d'Formatioun am Ausland maachen, herno op Lëtzebuerg zrëckkréien.

Här President, ee Wuert nach vum der Schoul, well soss huet de Schoulmeeschter hei uewe seng Aufgab net gemaach. Wann ech soen, dass dës Budget eng Politik representéiert, déi no bei de Leit ass, da weist dat sech och an der Bildungspolitik. Si bitt eng qualitativ héichwäerteg Bildung fir eis Kanner. Eng Bildung, déi d'Kanner férdere soll an hinnen dat mat



op de Wee gëtt, wat se an Zukunft an enger schnell-lieweger Zäit brauchen.

Jo, och eng staark Schoul ass e wichtige Pilier vun enger staarker Sozialpolitik. Eng gutt Schoul, dat ass fir all Kand. Dowéinst sinn 2024 net méi wéi 15 % vun den Depensen – dat sinn awer bal 4 Milliarden Euro – fir de Beräich vun der Bildung virgesinn. Dëst entsprécht enger Progressioun vu 14 % par rapport zum leschte Joer. 455 Milliounen ginn hei méi an de Grapp geholl.

Am Beräich vun der Bildung kënnen mer kloer vun enger Politik vun der Kontinuität schwätzen, déi déi Projete opgräift, déi déi lescht Regierung schonn an d'Weeër geleet hunn. Eis Fraktioun mécht sech staark derfir, dass all Kand hei zu Lëtzebuerg, onofhängeg vu sengen Originen, onofhängeg vu sengem sozio-ekonomesche Background, déi beschtméiglech Chancë kritt. Dat nom Credo: Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Kanner.

D'Strukture fir Kanner mat spezielle Besoine solle staark ausgebaut sinn. Hei si ronn 135 Milliounen virgesi fir Kanner mat spezielle Besoinen. Dat ass eng Hausse vu bal 24 Milliounen.

Zanter der Pandemie hu mer och gemierkt, dass d'Nofro no psychologescher Ënnerstëtzung bei de Schüler immens gewuess ass. An deem Kader soll och déi néideg Offer gestärkt ginn. D'Defien am Beräich vun der Educatioun si grouss an d'Digitalisatioun spillt och eng wichteg Roll. Verschidden Digitalisatiounsprojete solle weider finanziert ginn.

Dir wësst et: D'Unzuel vun de Kanner hei am Land an d'Unzuel vun de Schüler, déi wiisst all Joer. Mir brauchen also méi Schoulen, mir brauche méi Personal, mir brauche méi Plaze fir d'Kanner. Mee einfach méi bauen, dat geet net duer. Mir musse geziilt doriwwer nodenken, wéi a wat mer bauen. An do ass d'Zesummenaarbecht mat de Gemenge vu ganz grousser Wichtigkeet, fir dass mir staark Synergien, staark Infrastrukturen zesumme schafe kënnen.

Dowéinst wäert och weiderhi staark doran investéiert ginn, dass déi passend Strukturen entwéckelt ginn, fir dass all d'Kanner all Kompetenzen, déi si am 21. Joerhonnert brauchen, entwéckele kënnen. An deem Sënn gesi mer vir, fir massiv an d'Infrastrukturen ze investéieren. Et lafe scho Projete wéi den Ausbau vum Lycée zu Déifferdeng, awer Enn Mäerz hu mer hei och Projete ugeholl wéi den Ausbau vun der International School zu Jonglënster, awer och d'Schoulinfrastruktur zu Bouneweg, déi ausgebaut gëtt. Déi Projete si gestëmmt.

Léif alleguer, Kolleginnen a Kolleegen, mir begrëssen, dass de sozialliberale Fuedem kloer och an deem Budget konsequent weidergesponne gëtt, dass konsequent géint sozial Ongerechtegkeete virgaange gëtt an dass mer weider eis fir Chancëgläichheet asetzen.

D'Bildungssubventiounen fir Stéit mat nidderegem Akommes ginn dëst Joer och ëm ronn 10 Milliounen erop (veuillez lire: op ronn 10 Milliounen chiffréiert). Och sinn d'Depensen am Kader vum Jugendschutzgesetz-Projet, dee mer virun zwee Joer an d'Weeër geleet hunn, a fir den Ausbau vum Office national de l'enfance virgesinn.

Des Weidere profitéieren Kanner och weiderhi vun enger ganzer Rei Mesürene, déi mir agefouert hunn. Fir d'Familljen ze entlaaschten, fir d'Kanner ze ënnerstëtzen, bleift d'Gratuitéit vun de Musekscoursë bestoen, bleift d'Gratuitéit an der Maison relais während

de Schoulwoche bestoen. Och den ëffentlechen Transport bleift gratis, d'Schoulbicher bleiwe gratis. Dat si konkret Hëllef. Och d'Schoulkantin bleift gratis am Fundamental.

Do hu mer ronn 91 Milliounen déi lescht Joren an de Grapp geholl. Dat wäert natierlech substanzuell eropgoen. Mee et ass mer wichteg hei ze soen, dass all déi Mesürene, déi mer agefouert hunn, déi gratis waren, gratis bleiwen. Dat ass konkret Hëllef. Dat ass konkret Hëllef fir d'Familljen.

Da kommen ech nach op den Ausbau vun der Kannerbetreue, wat och ganz kloer eng vun eise Prioritéiten ass, well dat am Koalitiounsaccord mat bloer Tënt geschriwwen ginn ass a well mer dofir suerge wëllen, dass mer bis 2030 fir all Kand eng héichwäerteg Betreueungsoffer hunn, andeems mer d'Capacitéit vun de Crèche an an de Maison-relais daitlech an d'Luucht setzen – ech ënnersträichen –, wann d'Elteren dat wëllen!

Fir 2024 läit d'Finanzéierung vun de privaten an ëffentlechen Betreueungsstrukturen, also fir d'Maison-relais an d'Crèche, bei ronn 555 Milliounen. Dat ass also eng Hausse vun 22 Milliounen Euro fir privat Strukturen an eng Hausse vu 50 Milliounen Euro am konventionéierte Secteur.

Wa mer vun eise Kanner schwätzen, dann däreft een déi méi grouss natierlech net vergiessen. An deem Sënn ginn d'Studenteboursser och gehéicht op eng Enveloppe vun 184 Milliounen Euro. Och dat ass eng Hausse vu 24 Milliounen par rapport zum leschte Budget.

Nach e Wuert zum Travail, zu der Aarbechtswelt. Och dat ass en zentraalt Uleies vun der Demokratescher Partei an, ech mengen, vun eis alleguerten heibanen.

Eng Verbesserung vun der Work-Life-Balance fir déi schaffend Leit läit eis, mengen ech, alleguerten uewen. Mat der Aféierung vun engem méi moderne flexibele Congé parental, deen den Elteren et erlaabt, méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen a sech de Congé parental anescht anzedeelen, hu mer e grouse Schrëtt gemaach. An ech mengen, dass dat wierklech e ganz grouse Succès, besonnesch bei de Pappen, bleift.

Et soll awer net heibäi bleiwen. Mee och hei wëlle mer nach eng Kéier nobesseren, wëlle mer nach eng Kéier noschéissen. Och an der flexibeler Andeelung vun der Aarbechtzäit fir d'Salarié wëlle mer eppes maachen. Dat fir d'Famill, d'Frënn, d'Hobbyen ënnert een Hutt ze bréngen. Dat kann awer och ganz kloer zum Virdeel vum Betrib sinn.

Als DP-Fraktioun sti mer dowéinst weider zur Flexibiliséierung. Vill vun eisen Iddie sinn an de Koalitiounsaccord agefloss, notament d'Joresaarbechtzäit, d'Erweiterung vun den Aarbechtsspuerkonten op de Privatsektor. Dës zwee Modeller erlaben et op onkomplizéiert Manéier, eng flexibel Aarbechtszäitorganisatioun, déi souwuel de Betriber wéi och de Salaréien zegutt kënnt, an d'Weeër ze leeden. Esou kënnen Stonnen, déi während méi intensiven Aarbechtsperiode gesammelt ginn, zu engem aneren Zäitpunkt, wou et vläicht méi roueg ass, fräi genotzt ginn.

Am Sozialdialog an ouni Zwang sinn dat wichteg Instrumenter, fir eisen Aarbechtsmaart méi attraktiv ze gestalten. Dat selwecht gëllt fir den Ausbau vum Congé parental op weider dräi Méint. Zesumme mat der Flexibiliséierung vum Congé de maternité sinn dat zwou weider Mesürene, déi de Wee an de Koalitiounsaccord fonnt hunn an un deene mer konkret wëlle schaffen.

Nieft enger Flexibiliséierung vun der Aarbechtzäit gesäit de Regierungsprogramm natierlech och den Teletravail vir. An de leschte Joren hunn d'DP-Finanzministere wichteg bilateral Accorde mat eisen Nopeschlänner ausgehandelt, déi eng héich Unzuel un Teletravaildeeg am Joer zouloossen, ouni steierlech Nodeeler fir d'Frontalieren.

Mir begrësse ganz staark, dass weider Bestriewunge wäerten ënnerholl ginn, fir dës bilateral Accorden am Interêt vun de Frontalieren ze verbesseren. Mir begrëssen am selwechte Kontext, dass dës Regierung sech engagéiert op europäeschem Niveau, eng Adaptatioun vun der Sozialversécherung op de Wee ze bréngen, déi de Frontaliere méi Teletravail erlaabt, ouni dass si an en anere Sozialversécherungssystem falen.

Andeems mir den Teletravail fërderen, hëllef mir och, mengen ech, eis Betriber méi attraktiv a méi kompetitiv ze gestalten. An deem Kontext begrësse mer och den Ausbau vun de Coworkingspaces an der Grenzregioun.

Här President, Kolleginnen a Kolleegen, zum Schluss ... Zum zweete Schluss.

(Hilarité)

Här President, Kolleginnen a Kolleegen, pünktlech fir d'Mëttesstonn wollt ech Iech matdeelen, dass dësen Debat d'Weiche stellt, fir eist Land weiderzeentwéckelen, fir d'Erausforderunge vun der Zukunft unzuegoen a fir eise Wuelstand ofzesécheren.

D'DP-Fraktioun an d'Demokratesch Partei steet fir eng Politik, déi mat der Entwécklung vun der Zäit Schratt hält, déi d'Suerger an d'Ängsche vun de Leit weider eescht hëlt an d'Leit weider wëll ënnerstëtzen.

Mir wëllen dat mat der néideger Rou maachen. Mir wëllen dobäi e kille Kapp behalen a mir wëllen d'Leit zesummebréngen. Mir wëllen de sozialliberale Fuedem weiderspannen a weider konsequent géint sozial Ongerechtegkeete virgoen, fir eng besser Zukunft fir jiddwereen hei am Land.

Dozou gehéiert och, dass mer d'Kafkraaft stäerken a besonnesch Famillje mat Kanner ënnerstëtzen. Awer och de Kampf géint de Klimawandel, dee wëlle mer resolutt weiderféieren, fir eise Bäitrag ze leeschten, fir eise Planéit liewenswäert ze halen, a mir wëllen der Wirtschaft nei Weeër opweisen, an deene mer hinne bei der duebeler Transitioun hëllef.

D'DP an eis Fraktioun hu Léisungen am Beräich vum Logement op de Wee bruecht. Mir wäerten och weider fir méi Offer a Wunnengen anrieden an de Jonken hiren Dram vum Eegenheem erfëllen. Mir wäerten d'Investitiounen héich halen an d'Liewensqualitéit vun all eise Biergerinnen a Bierger verbesseren.

Jo, als DP hu mer och schonn an de leschten zéng Joer viles ugefaangen, viles op de Wee bruecht, an do wëlle mer weiderfueren. Am Interêt vun eise Land an am Interêt vun de Bierger alleguerten.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmools, Här Baum.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung fir de Moien ukomm. De Mëtteg fuere mer um 14.00 Auer mat den Debatten iwwert de Budget weider an den éischte Riedner ass dann déi honorabel Madamm Taina Bofferding.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 11.54 heures.)